Mr Marcel Pletschette was hired as a new member of the sports and culture department on January 1, 2026.



PROXIMITÉIT, PRÄVENTIOUN A SÉCHERHEET: D'GEMENG LANCIERT HIREN NEIE SERVICE DE PROXIMITÉ

PROXIMITÉ, PRÉVENTION ET SÉCURITÉ : LA COMMUNE LANCE SON NOUVEAU SERVICE DE PROXIMITÉ

LU

De Gemengerot vun Nidderaanven huet decidéiert e Proximitéitsservice ze schafen, am Aklang mam Artikel 99 vum Gemeengegesetz. Dëse Service huet d'Missioun, Proximitéit zum Bierger ze hunn: Nolauschteren, Assistenz an Asaz droen dozou bei fir d' Sécherheetsgefill an d'Proximitéit zu der Bevëlkerung ze stäerken.

D'Gemengebeamten déi dëse Service assuréieren ënnerstëtzen och d'Police grand-ducale bei verschiddene Missiounen an droen zur Präventioun vu Mëssbrauch a klenger Delinquenz bäi.

Gläichzäiteg kënnen si bestëmmte Strofdoten am Beräich Offäll, Fëscherei, Hënn an Tubak duerch e Protokoll feststellen. Dës Aktiounen hunn als Ziel d'effentlech Uerdnung an d'Lebensqualitéit am Aklang mat de Gemengereglementer ze stäerken.

FR

Le Conseil communal de Niederanven a décidé de créer un service de proximité, conformément à l'article 99 de la loi communale. Ce service a pour mission d'être au service des citoyens : écoute, assistance et intervention contribuent à renforcer le sentiment de sécurité et la proximité avec la population.

Les agents municipaux affectés à ce service soutiennent également la Police grand-ducale dans certaines missions et contribuent à la prévention des incivilités et de la petite délinquance.

Parallèlement, ils peuvent constater certaines infractions pénales (en matière de déchets, de pêche, de chiens et de tabac). Ces actions visent à renforcer l'ordre public et la qualité de vie, conformément aux règlements communaux.

NÄHE, PRÄVENTION UND SICHERHEIT: DIE GEMEINDE LANCIERT IHREN NEUEN NACHBARSCHAFTSDIENST

PROXIMITY, PREVENTION AND SAFETY: THE COMMUNE LAUNCHES ITS NEW NEIGHBOURHOOD SERVICE

DE

Der Gemeinderat von Niederanven hat beschlossen, einen „Service de proximité“ einzurichten, gemäß Artikel 99 des Gemeindegesetzes. Dieser Dienst hat den Auftrag, näher am Bürger zu sein: Zuhören, Unterstützung und Eingreifen tragen dazu bei, das Sicherheitsgefühl und die Nähe zur Bevölkerung zu stärken.

Die Gemeindebeamten, die diesem Dienst zugewiesen sind, unterstützen außerdem die Großherzogliche Polizei bei bestimmten Aufgaben und tragen zur Prävention von Missbrauch und Kleinkriminalität bei.

Parallel dazu können sie bestimmte strafrechtliche Verstöße in den Bereichen Abfall, Fischerei, Hunde und Tabak durch Protokoll feststellen. Diese Maßnahmen zielen darauf ab, die öffentliche Ordnung und die Lebensqualität im Einklang mit den Gemeinderegungen zu stärken.

EN

The Commune council of Niederanven has decided to create a "service de proximité" in accordance with Article 99 of the communal law. This service aims to serve residents: listening, assistance and intervention help strengthen the feeling of safety and the connection with the population.

The municipal agents assigned to this service also support the Luxembourgish Police in certain missions and contribute to the prevention of incivilities and minor offences.

They can also record certain offences (related to waste, fishing, dogs and tobacco). These actions aim to reinforce public order and quality of life, in accordance with the commune's regulations.

MEDIATION

DE

Besonders im privaten Umfeld ist uns Harmonie und ein gutes Einvernehmen sehr wichtig. Ein Konflikt mit einem Nachbarn verändert alles. Es nimmt uns einen Teil unserer Lebensqualität.

Der Konflikt beeinträchtigt unser Wohlbefinden und unser Bedürfnis nach Ruhe und Sicherheit. Wir verlieren einen Teil unseres privaten Zufluchtsorts. Mangelnde Kommunikation und Einsicht lassen die Situation eskalieren.

Da hilft dann nur noch ein Anwalt ... oder?

Eine Alternative bei festgefahrenen Konflikten ist die Nachbarschaftsmediation. Mediation kann bei Problemen mit der Nachbarschaft helfen:

- Lärm- und Geruchsbelästigung
- Komplizierte Wegerechte
- Interpretation der Hausordnung
- Nutzung von Gemeinschaftsräumen
- Haustiere
- Miet- und Betriebskostenabrechnung
- Neu- oder Umbauten
- Baum- und Heckenstandort im Nachbargarten
- Grundstücks- und Grenzverlauf



AWUNNERPARKVIGNETTE VIGNETTE POUR LE STATIONNEMENT RÉSIDENTIEL

LU

Wunnt Dir an enger Zon „Parking résidentiel“? Da vergiesst net, Är al „Vignette pour le stationnement résidentiel“ vum Joer 2025 duerch déi nei vun 2026 auszetauschen. Hutt Dir eng ofgelafe Vignette an der Fënster vum Auto pechen, riskéiert Dir nämlech ab dem 1. Februar 2026 en Avertissement taxé vu 24€ vun eisen Agent-Municipallen.

FR

Vous habitez dans une zone de stationnement réservée aux résidents ? Alors n'oubliez pas de remplacer votre ancienne vignette pour le stationnement résidentiel 2025 par la nouvelle vignette de 2026. Si vous avez apposé une vignette périmée sur le parebrise de votre voiture, vous risquez un avertissement taxé de 24€ de nos agents municipaux à partir du 1er février 2026.

ANWOHNERPARKVIGNETTE RESIDENTIAL PARKING DECAL

DE

Sie wohnen in einer Zone mit Parkplatz für Anwohner? Dann vergessen Sie nicht, Ihre alte Anwohnerparkvignette 2025 durch die neue Vignette 2026 zu ersetzen. Wenn Sie eine abgelaufene Vignette an der Windschutzscheibe Ihres Autos angebracht haben, riskieren Sie nämlich ab dem 1. Februar 2026 eine besteuerte Verwarnung in Höhe von 24€ durch unsere Ordnungshüter.

EN

Do you live in a residential parking zone? Then don't forget to replace your old 2025 residential parking sticker with the new decal for 2026. If you have affixed an out-of-date decal to the windscreen of your car, you risk a warning fine of € 24 from our law enforcement officers from 1 Februar 2026 onwards.



INFORMATIOUN UN D'HONDSBESETZER INFORMATION AUX PROPRIÉTAIRES DE CHIENS

LU

Mir wëllen lech drun erënneren, dass laut dem Gesetz vum 12. November 2011, dat d'Gesetz vum 9. Mee 2008 iwwert d'Hënn ännert, all Doud, Verloscht oder Ofgi vun engem Hond, souwéi och eng Ännerung vun der Wunnadress vum Hondsbësëtzer, bei der Gemeng gemellt muss ginn. Fir all aner Informatiounen sti mir lech gäre via **population@niederanven.lu** zur Verfügung.

FR

*Nous tenons à vous rappeler que, conformément à la loi du 12 novembre 2011 modifiant la loi du 9 mai 2008 relative aux chiens, tout décès, perte ou cession d'un chien ainsi que le changement de résidence du détenteur du chien doit être déclaré auprès de l'administration communale. Nous restons à votre disposition pour des renseignements supplémentaires via **population@niederanven.lu**.*

MITTEILUNG AN ALLE HUNDEBESITZER NOTICE TO DOG OWNERS

DE

Wir möchten Sie daran erinnern, dass gemäß dem Gesetz vom 12. November 2011, welches das Gesetz vom 9. Mai 2008 abändert, jeder Tod, Verlust oder Abgabe eines Hundes, sowie die Wohnsitzänderung des Hundebesitzers der Gemeinde mitgeteilt werden muss. Für weitere Auskünfte stehen wir Ihnen gerne via **population@niederanven.lu** zur Verfügung.

EN

*We would like to remind you that, in accordance with the law of 12 November 2011 amending the law of 9 May 2008 relating to dogs, any death, loss or transfer of a dog, as well as any change of residence of the dog's owner, must be declared to the commune administration. For further information, please contact us via **population@niederanven.lu**.*

SPORTTEAM ÉQUIPE SPORT

LU

Mam SportTeam an dem Gremium Nied2Move, hu mir zwou Ekippen, déi bëssen ënnerschiddlech opgestallt sinn, mee déi awer all fir eng an déi selwecht Saach schaffen: ë.a. de Sport an d'Bewegung an der Gemeng Nidderaanwen fërderen.

Wéi den Numm et scho seet, besteet d'SportTeam aus Bierger, déi mol net onbedéngt an der Gemeng musse wunnen, a soll seng Iddien a Propose bei der Organisatioun vu Sports-evenementer abréngen a gläichzäiteg seng Servicer als Be-nevollen ubidden. Des Weideren ass d'Team do fir d'Integratioun an d'Inklusioun, esou wéi déi kierperlech Aktivitéit vun all de Mënschen, ob mat oder ouni Lizenz, ze fërderen.

Wann s du dech elo ugeschwat fills, dann zéck net, eng Plaz ass ëmmer fräi! Melle kanns du dech per Mail un:

christophe.junker@niederanven.lu

D'Ekip vum Nied2Move dogéint ass virun allem besat mat Verrieder aus de lokale Veräiner (net onbedéngt just Sport-veräiner), der Maison Relais, der Schoul, dem Jugendhaus, der Syrdall Schwemm an dem Sportkoordinator. D'Zil vun dësem Grupp ass et, d'Veräiner an aner Partner an hirer Aarbecht z'ënnerstëtzen an hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, sech weider z'entwëckelen, eng aktiv Gesellschaft ze fërderen an de Sport als Mëttel fir Integratioun an Agladderung ze notzen ouni dobäi eng Konkurrenz fir d'Sportveräiner oder aner Partner ze sinn.

FR

Avec l'équipe sport et l'organe Nied2Move, nous disposons de deux équipes qui sont structurées de manière légèrement différente, mais qui œuvrent toutes les deux pour un même objectif: promouvoir, entre autres, le sport et le mouvement dans la commune de Niederanven.

Comme son nom l'indique, l'équipe Sport est composée de citoyennes et citoyens qui ne doivent pas nécessairement habiter dans la commune et a pour mission d'apporter ses idées et propositions pour l'organisation d'événements sportifs tout en offrant ses services en tant que bénévoles. De plus, l'équipe contribue à promouvoir l'intégration, l'inclusion ainsi que l'activité physique pour toutes les personnes, avec ou sans licence.

Si tu te sens interpellé(e), n'hésite pas, une place est toujours disponible ! Tu peux t'inscrire par mail à :

christophe.junker@niederanven.lu

L'organe Nied2Move, quant à lui, est principalement composé de représentants des associations locales (pas uniquement sportives), de la Maison Relais, de l'école, de la maison des jeunes, de la Syrdall Schwemm ainsi que du coordinateur sportif. L'objectif de ce groupe est de soutenir les associations et autres partenaires dans leur travail, de leur permettre de se développer davantage, de promouvoir une société active et d'utiliser le sport comme vecteur d'intégration et d'inclusion, sans toutefois devenir un concurrent pour les clubs sportifs ou autres partenaires.



v.l.n.r. | d.g.à d. :

Giovanni Vittore, Carine Feider, Léon Breyer, Marc Thekes, Joël Krier, Daniel Milbert, Sonny Leches, Manon Sowa, Louis Milbert, Pierre Welter, Carlo Weber, Caroline Hoffmann (Coordinatrice SportTeam), Nadine Gries

Absents:

Ben Millmeister, Christophe Junker (secrétaire), Claude Gilbertz, Frank Ziegler, Marc Schäffer, Metty Cungs, Sharon Weydert, Thierry Mathieu, Tiziana Furnaro, Viktoria Berg, Véro Kieffer, Zuzana Brandt



THE GOVERNMENT
OF THE GRAND DUCHY OF LUXEMBOURG
Ministry of Family Affairs, Solidarity,
Living Together and Reception of Refugees

Zësümmē liewen

BIERGERPAKT

PARTICIPATE

Get involved
Learn the official languages
Discover Luxembourg and its values
Get to know Luxembourg's customs and history



biergerpakt.zesummeliewen.lu

Hotline 8002 0044 | Email bp@fm.etat.lu



LU

STUDENTENAARBECHTEN 2026

Léif Studentinnen a Studenten,
De Schäfferot vun der Gemeng Nidderaanwen bitt Studentenaarbechten an der Sommervakanz un. D'Arbeitszäite sinn 8 Stonnen den Dag a 40 Stonnen d'Woch. D'Schaffperiode ginn iwwer 3 Wochen a follgende Gemengesservicer ugebueden:

1. Gärtnerdénsgsch (Usträich- a Botzaarbechten)

- vum 22.06. - 10.07.26 (1 Student/-in)
- vum 13.07. - 31.07.26 (1 Student/-in)
- vum 03.08. - 21.08.26 (1 Student/-in)
- vum 24.08. - 11.09.26 (1 Student/-in)

2. Fierschter (Bëschaarbecht)

- vum 22.06. - 10.07.26 (2 Studenten/-innen)
- vum 13.07. - 31.07.26 (2 Studenten/-innen)

3. Stroossendénsgsch (Usträich-a Botzaarbechten)

- vum 22.06. - 10.07.26 (2 Studenten/-innen)
- vum 13.07. - 31.07.26 (2 Studenten/-innen)
- vum 03.08. - 21.08.26 (2 Studenten/-innen)
- vum 24.08. - 11.09.26 (2 Studenten/-innen)

4. Centre de Loisirs „Am Sand“ a Sportshal (Usträich-, Botz- a Raumaarbechten)

- vum 22.06. - 10.07.26 (3 Studenten/-innen)
- vum 13.07. - 31.07.26 (3 Studenten/-innen)
- vum 03.08. - 21.08.26 (3 Studenten/-innen)
- vum 24.08. - 11.09.26 (2 Studenten/-innen)

5. Waasserdénsgsch (Usträich- a Botzaarbechten)

- vum 22.06. - 10.07.26 (2 Studenten/-innen)

6. Recycling Center (Offalltrennung, Ënnerhalungsarbechten)

- vum 23.06. - 11.07.26 (1 Student/-in)
- vum 14.07. - 01.08.26 (1 Student/-in)
- vum 04.08. - 22.08.26 (1 Student/-in)
- vum 25.08. - 12.09.26 (1 Student/-in)

7. Schoul "Am Sand" (Botzaarbechten)

→ vum 13.07. - 31.07.26 (2 Studenten/-innen)

8. Pompjeeën Nidderaanwen (Usträich- a Botzaarbechten)

→ vum 20.07. - 08.08.26 (1 Student/-in) (*)
 → vum 10.08. - 28.08.26 (1 Student/-in) (*)
 → vum 17.08. - 04.09.26 (1 Student/-in) (*)

**9. Mutferter Haff - Brasserie (Service)
12, Um Kinert L-5334 Moutfort**

→ vum 13.07. - 31.07.26 (1 Student/-in) (**)
 → vum 03.08. - 21.08.26 (1 Student/-in) (**)

**10. Mutferter Haff - Brasserie (Kichen)
12, Um Kinert L-5334 Moutfort**

→ vum 13.07. - 31.07.26 (1 Student/-in) (**)
 → vum 03.08. - 21.08.26 (1 Student/-in) (**)

**11. Mutferter Haff - Päerdsstall (Stallaarbechten)
12, Um Kinert L-5334 Moutfort**

→ vum 13.07. - 31.07.26 (1 Student/-in) (**)
 → vum 03.08. - 21.08.26 (1 Student/-in) (**)

(*) Bedéngung: De Student/d'Studentin muss en aktive Member vun den Nidderaanwener Pompjeeën sinn (Beweis bei der Demande ofginn)

(**) Transport gëtt net vun der Gemeng organiséiert. Eng Navette ab der Eiter Gare ass no Récksprooch mat de Responsabele vum Mutferter Haff méiglech.



D'Formulairë fir är Demande kënnen **ab e Méindeg, den 23. Februar 2026, bis spéitstens e Freiden, de 7. März 2026**, op eiser Internetsäit **www.niederanwen.lu** ausgefëllt ginn.

D'Demanden, déi nom 7. März 2026 ukommen an / oder onvollstänneg sinn, ginn net berücksichtegt.

D'Astellunge gi global vum Schäfferot gemaach. Studenten, déi e Vakanzjob unhuelen, müssen:

- 17 Joer hu beim Start vun der Aarbecht
- wa se mannerjäreg sinn, eng schrëftlech Zoustëmmung vun hiren Elteren oder Zoustänneg virweisen
- an der Gemeng wunnen
- e Certificat vun hirer Schoul vum aktuelle Schouljoer virleeën
- **während den 3 ausgewielte Wochen disponibel sinn**

D'Bezuelung geschitt laut dem Aarbechtsgesetz vum 31. Juli 2006 bezunn op d'Beschäftegung vu Studenten an de Schoulvakanz, d.h.:

- jonk Leit ab 18 Joer: 80% vum soziale Mindestloun
- 17 Joer al Jugendlecher: 80% vum Loun vun engem 18-järegem Student

Studenten déi fir d'éischt oder fir d'zweete Kéier eng Demande maachen hu Prioritéit.
All aner Bewerber ginn op eng Waardelëscht gesat.

Fir all Informatioun, kontaktéiert w.e.g. de Büro vun den RH
→ Tel. 34 11 34-1

Scannez pour plus d'informations →
Scanne für mehr Informationen →
Scan for more information →



POPULATION – ZIVILSTAND

POPULATION – ÉTAT CIVIL



HOCHZÄITEN / HOCHZEITEN MARIAGES / WEDDINGS

15

Rocha Pires Mateus – Delgado Monteiro Amarina	→ 25.01.2025
Karels Laurent – Shchedrinskyi Oleksandr	→ 02.05.2025
Beissel Pierre – Guilbert Claire Pascale Cathy	→ 13.06.2025
Lentz David André – Graas Michèle Marie-Thérèse Joëlle	→ 13.06.2025
Reding Jean-Luc Gérard – Milyutina Yevgeniya	→ 14.06.2025
Sedille Sylvain Julien Benjamin – Mignard Elise Bernadette Catherine	→ 24.07.2025
Trezzi Jérôme – Reding Karin Elisabeth	→ 30.08.2025
Olszewski Alan Yves Gwen – Hilger Sandy Patricia	→ 05.09.2025
Hussain Ansar Driss – Glibanović Esma	→ 06.09.2025
Meder Jeff Alphonse Antoine – Sultan Woud	→ 12.09.2025
Beck Alain Jean Marie – Schalz Danielle	→ 13.09.2025
Ludwig Laurent – Coimbra Laetitia	→ 20.09.2025
Tronsen Jim – Streff Tatiana	→ 10.10.2025
Rios Tesch Eduardo José – Quezada Aguilar Karla Alondra	→ 28.11.2025
Tondt Marco François Jean – Eren Bilgi Suna	→ 18.12.2025



GEBUERTEN / GEBURTEN NAISSANCES / BIRTHS

47

Çakmak Karya	07.02.2025
Gammaitoni Louis	10.02.2025
Graas Raphael	13.02.2025
Brichaut Livia Gilberte	17.02.2025
Riggio Maëllan	21.02.2025
Siepmann Evelyn Anna	25.03.2025
Arbaut Ezra Marley	28.04.2025
Diallo Mouhamed Aliou	28.04.2025
Hennessy Oslo	08.05.2025
Bah Maïmouna	15.05.2025
Zhou Xinyan	27.05.2025
Poudel Pratik	01.06.2025
Alawad Sama	07.06.2025
Vittore Santos Milo	10.06.2025
Vermeer Chiara Emilia	25.06.2025
Heinen Sunny	29.06.2025
Franco Enoha	29.06.2025
Kirpach Louis	30.06.2025
Stavropoulou Anastasia	08.07.2025
Bento Soussi Radija	11.07.2025
Wilmes Viegas Raphaël Arthur	13.07.2025
Arnardóttir Andrea Ýr	14.07.2025
Rikou Alkyoni	17.07.2025
Schmit Cosima Marina Benita Nora Pau	31.07.2025
Schmit Leopold Esteban Marc Pau	31.07.2025
Dashkov Sebastian	06.08.2025
Ličina Hamza	11.08.2025
Faber Constantin Henri	27.08.2025
Reznik Robert	01.10.2025
Wiscourt Jan	02.10.2025
Coste Ronan Fabrice Philippe Peter	04.10.2025
Goergen de Cia Louis	10.10.2025
Semertzidis Pavlos Adrien	23.10.2025
Smets Nieuwenhuys Cléopâtre Victoria Apolline Marie	28.10.2025
Carré Maxime	29.10.2025
Liu Chen Edward	30.10.2025
Idemudia Sonia	05.11.2025
Kerger Arthur	12.11.2025
Kiando Elyn Darima Bissola	13.11.2025
de Paula Pereira Salvador	19.11.2025
Sieder-Bertilsson Hannah Lily Esther	24.11.2025
Alario Hidalgo Manuel	01.12.2025
Abu-Ali Akram Mohammed Jawad	19.12.2025
Karimi Moradi Lena	25.12.2025
Lajoie Ruckert Alma Luz	26.12.2025
Nicolay Noa	31.12.2025



PACS

7



NATIONALITÉITEN / NATIONALITÄTEN NATIONALITÉS / NATIONALITIES

95

BEVÖLKERUNG – ZIVILSTAND

POPULATION – CIVIL STATUS



DOUDESFÄLL / TODESFÄLLE

DÉCÈS / DEATH

71

Jander Nicole Anna Maria Renée, Niederanven	01.01.2025	Diallo Mouhamed Aliou, Niederanven	11.07.2025
Steffen Marie Thérèse, Senningerberg	02.01.2025	Decoux Yvette Fulvie Camille, Niederanven	12.07.2025
Hengen Régine, Niederanven	06.01.2025	Miranda Thérèse, Senningerberg	12.07.2025
Lagrange Nicole Anna, Niederanven	06.01.2025	Weyer Léon, Oberanven	18.07.2025
Linkenheil née Fuhr Christel Margot, Hostert	06.01.2025	Bourg Charles Armand, Niederanven	24.07.2025
Burais André Paul, Niederanven	07.01.2025	Neuens Armand Eugène Joseph, Niederanven	25.07.2025
Bofferding Marcelle Madeleine Marie, Niederanven	11.01.2025	Röttgers Catherine, Niederanven	25.07.2025
Henrich Augustine Marthe Joséphine, Niederanven	13.01.2025	Reuland Guy Hippolyte Henri, Niederanven	31.07.2025
Pansini Alfredo, Oberanven	16.01.2025	Rodenbour Pierre Jean, Niederanven	14.08.2025
Lacour Henri, Senningen	17.01.2025	Baasch Wilma, Niederanven	18.08.2025
Theisen Marie Joséphine, Niederanven	19.01.2025	Goedert Suzanne Marie Henriette, Niederanven	20.08.2025
Fennessy Edward, Oberanven	28.01.2025	Klein Sonia Yvonne, Niederanven	21.08.2025
Fondeur Georges, Niederanven	01.02.2025	Dock Marie-Rose, Senningerberg	30.08.2025
Altmann Hans Helmut, Oberanven	10.02.2025	Thomma Arnold, Niederanven	02.09.2025
Martin Élodie, Rameldange	11.02.2025	Bontemps Norbert, Niederanven	10.09.2025
Kalmes Roger Michel, Niederanven	22.02.2025	Lanners Catherine, Niederanven	11.09.2025
Comes Marcel Pierre, Niederanven	04.03.2025	Loesch Marthe Josephine, Niederanven	18.09.2025
Debaene Julienne Irma, Niederanven	05.03.2025	Koener Jean, Niederanven	11.09.2025
Grasina Coutinho Maria Gabriela, Niederanven	06.03.2025	Welbes Jean-Pierre, Niederanven	25.09.2025
Fell Heinrich Karl Erwin, Niederanven	14.03.2025	Mackel Robert Nicolas, Niederanven	27.09.2025
Hoffmann Sophie Anna, Niederanven	29.03.2025	Fohmann Anna-Josephine, Niederanven	02.10.2025
Beidler Olga Marie, Senningen	30.03.2025	Gudjonsson Fridrik, Niederanven	14.10.2025
Doos Anne, Niederanven	02.04.2025	Pickel Roger Nikolaus, Niederanven	16.10.2025
Fetz Inge Suzanne, Niederanven	05.04.2025	Hellers Marie Agnès Thérèse, Niederanven	20.10.2025
Arend Guillaume Jean Pierre, Rameldange	27.04.2025	Metzler François, Hostert	25.10.2025
Kugener Georges Nicolas Joseph, Ernster	30.04.2025	Krecké Josphé Marie Pierre, Niederanven	30.10.2025
Schmitz Armand Sébastien, Niederanven	02.05.2025	Kries Marie Anne Catherine, Hostert	09.11.2025
Roeltgen Maria, Niederanven	12.05.2025	Kammes Jean Nicolas, Senningerberg	17.11.2025
Poyer Dorothea, Hostert	15.05.2025	Wintringer Jacqueline, Senningen	27.11.2025
Mendel Wilfried Godehard, Niederanven	21.05.2025	Wagner Hélène Léopold Pelagie, Niederanven	03.12.2025
Lentz Françoise Andrée Josette, Senningerberg	23.05.2025	Devos Leon Constant Maria, Niederanven	09.12.2025
Jung Aloyse, Niederanven	28.05.2025	Breser Joseph, Niederanven	15.12.2025
Pietzka Hildegard Franziska, Niederanven	02.06.2025	Schumacher Nicolas Joseph, Niederanven	19.12.2025
Wagner Emile, Niederanven	04.07.2025	Faber Armand Nicolas, Niederanven	20.12.2025
Bové Caroline Alice, Senningerberg	05.07.2025	Schiltz Jean-Claude Marcel, Niederanven	28.12.2025
Hary Adèle Joséphine, Niederanven	06.07.2025		



AWUNNER / EINWOHNER

HABITANTS / RESIDENTS

01.01.2025
01.01.2026

→ 6.986
→ 7.154

7.154

HOCHZÄITEN / HOCHZEITEN MARIAGES / WEDDINGS



Mateus Rocha Pires & Amarina Delgado Monteiro



David André Lentz & Michèle Marie-Thérèse Joëlle Graas



Pierre Beissel & Claire Pascale Cathy Guilbert



Sylvain Julien Benjamin Sedille & Elise Bernadette Catherine Mignard



Rios Tesch Eduardo José & Quezada Aguilar Karla Alondra



Jérôme Trezzi & Karin Elisabeth Reding

Gratulation

Gratulation *Félicitations*

Congratulations



Meng Gemeng, mäi Guide

Guide du citoyen Bürgerleitfaden
Citizen's guide Guia do cidadão



Gemeng
NIDDERAANWEN



online version!

HOPLR Niederaanven en chiffres (juillet-décembre 2025)



1 quartier Hoplr
1140 personnes connectées




147 nouvelles inscriptions



786 interactions en ligne
Telles que des réactions, chats, likes, ...



700 messages publiés
85 activités organisées



route de Trèves

Jugendhaus

Bank
Raiffeisen



15:00
> 19:00

MAART ZU NIDDERAANWEN



MARKT IN
NIDDERAANWEN

MARCHÉ À
NIDDERAANWEN

MARKET DAY
IN NIDDERAANWEN

DATUMER FIR D'SAISON 2026

Termine für die Saison 2026 - Dates pour la saison 2026 - Dates for the season 2026

AM JANUAR
ASS'KEE MAART

02.02.2026

02.03.2026

30.03.2026
DUSCHTERMAART

04.05.2026

01.06.2026

06.07.2026

03.08.2026

AM SEPTEMBER
ASS'KEE MAART


05.10.2026
HILLESCHT'N MAART

02.11.2026

07.12.2026



App auch auf deutsch verfügbar!
Application également disponible en version française !
App also available in English!



cityapp Niederanven

Déi aktuell Versioun

- modern
- informativ
- benotzerfrëndlech



Download on the
App Store



GET IT ON
Google Play

D'cityapp Niederanven Ären nätzleche Begleeder am flotten Design

Säit 2018 an eiser Gemeng disponibel, an zanter hir e wichtigen Outil!
Mat dëser praktescher Kommunikationsplattform hutt Dir Zougang zu enger Pallett un nätzleche Servicer, déi lech den Alldag an der Gemeng vereinfachen. Bleift ëmmer iwwer wichtig Evenementer informéiert an huet zu all Zäit onkomplizéiert Kontakt mat der Gemeng op.



News

Behalt d'Neiegkeeten an der Gemeng am A



Agenda

Verpasst keng Evenementer méi



Vis-it

Entdeckt déi schéinste Weeër an der Gemeng



Report-it

E Problem am öffentleche Raum? Deelt eis et mat!



Ëmfro

Deelt Är Meenung mat eis



Bus

En Iwwerbléck iwwert d'Arrêten an Horairë vun de Busser



Kontakt

Fannt all d'Kontaktinfos vun der Gemeng



Offall

Vergiesst nie méi d'Poubelle erauszustellen



Meng Notifikatiounen

Loosst lech all déi fir lech wichtig Noriichten uweisen

LISTE DES AUTORISATIONS À BÂTIR DÉLIVRÉES DEPUIS LA DERNIÈRE ÉDITION « NEIES 5 » 2025



AUTORISATIONS DE MOINDRE ENVERGURE, TRANSFORMATIONS, ETC.

N° AUTOR.	ADRESSE PROJET	GENRE DE TRAVAUX	DATE DE L'AFFICHAGE
T 2025/44	28, rue du Gruenewald Senningerberg	Transformation d'une maison unifamiliale existante	10.10.2025
T 2025/45	6, Routstrach Oberanven	Construction d'une clôture	30.10.2025
T 2025/46	88, rue Principale Rameldange	Construction d'une clôture	30.10.2025
T 2025/47	203, route de Trèves Niederanven	Construction d'un abri de jardin	30.10.2025
T 2025/48	5, Schléiwegaass Senningerberg	Construction d'un abri de jardin	30.10.2025
T 2025/49	1, rue Joseph Biwer Senningerberg	Transformation d'une maison unifamiliale	26.11.2025
T 2025/50	2, An der Laangwiss Niederanven	Construction d'une clôture	26.11.2025
T 2025/51	9, rue du Coin Oberanven	Changement d'affectation d'un bureau en logement	26.11.2025
T 2025/52	215 A, route de Trèves Niederanven	Transformation d'une maison unifamiliale	26.11.2025
T 2025/53	65 A, rue Andethana Oberanven	Construction d'une clôture	26.11.2025
T 2025/54	166 A, route de Trèves Niederanven	Construction d'une pergola	26.11.2025
T 2025/55	8, An der Rëtsch Rameldange	Construction d'un carport photovoltaïque	04.12.2025
T 2025/56	208 A, route de Trèves Niederanven	Construction d'un carport	11.12.2025
T 2025/57	28, rue Gust Graas Oberanven	Construction d'une piscine	11.12.2025
T 2025/58	9, rue du Scheid Rameldange	Construction d'une clôture et aménagement de pavés	11.12.2025
T 2025/59	110, route de Trèves Senningen	Modification des plans d'autorisation C 2025/24	23.12.2025
T 2025/60	110 A, route de Trèves Senningen	Modification des plans d'autorisation C 2025/25	23.12.2025
T 2025/61	2, An der Rëtsch Rameldange	Modification des plans d'autorisation C 2025/22	23.12.2025
T 2025/62	24, rue de Mensdorf	Construction d'une terrasse et agrandissement d'une terrasse existante	23.12.2025

Le public peut prendre inspection des plans afférents pendant le délai de recours devant les juridictions administratives (délai de 3 mois à partir de la date de délivrance du certificat de publication).



Une liste actualisée des autorisations délivrées peut être consultée sur le site www.niederanven.lu
→ « Urbanismus »

CONSTRUCTIONS NOUVELLES

N° AUTOR.	ADRESSE PROJET	TYPE D'IMMEUBLE	DATE DE L'AFFICHAGE
C 2025/24	110, route de Trèves Senningen	Construction d'une maison unifamiliale	14.10.2025
C 2025/25	110 A, route de Trèves Senningen	Construction d'une maison unifamiliale	14.10.2025
C 2023/33	31, rue Principale Rameldange	Construction d'une maison unifamiliale	17.10.2025
C 2023/34	31 A, rue Principale Rameldange	Construction d'une maison unifamiliale	17.10.2025
C 2023/35	31 B, rue Principale Rameldange	Construction d'une maison unifamiliale	17.10.2025

Le public peut prendre inspection des plans afférents pendant le délai de recours devant les juridictions administratives (délai de 3 mois à partir de la date de délivrance du certificat de publication).



Gemeng
NIDDERAANVEN

OP DER Könscht BUNN

**Du bass Könschtler oder kenns een, deen drun
interesséiert ass, fir hei auszestellen?
Mell dech gäre bei eiser Coordinatrice culturelle
via michelle.bingen@niederanven.lu**

***Tu es artiste ou tu connais quelqu'un qui pourrait
être intéressé à exposer ici ?
N'hésite pas à contacter notre coordinatrice
culturelle via michelle.bingen@niederanven.lu***

1, Rue de la Source L-6998 Hostert



INVITATION

LU

Eis Gemeng huet hiren Accord de principe ginn, fir eng temporär Structure d'hébergement fir Persounen, déi international Protectioun ufroen (DPI), mat enger maximaler Kapazitéit vun 58 Better. Dëse Projet entsprécht net nëmmen dem Wëlle vun der Gemeng Nidderaanwen, Solidaritéit fir Mënschen ze weisen, déi op der Sich no Schutz sinn, an hinnen e wüdegeng a mënschlechen Accueil ze bidden, mee dréit och dozou bäi, eng méi gerecht Verdeelung vun den DPI-Strukturen am ganze Land ze fërderen, dëst fir solidaresch mat deene Gemengen ze sinn, déi schonns eng Struktur op hirem Territoire hunn.

En vue vun dësem Projet, wëlle mir lech op eisen Informatiounsowend a Presenz vum Här Max Hahn, Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliwwen an Accueil, alueden, dëst de

FR

Notre commune a exprimé son accord de principe pour accueillir une structure d'hébergement temporaire destinée aux demandeurs de protection internationale (DPI) avec une capacité maximale de 58 lits. Ce projet s'inscrit non seulement dans la volonté de la commune de Niederanven de se montrer solidaire envers les personnes en quête de protection et de leur offrir un accueil digne et humain. Il vise également à contribuer à une répartition plus équitable des structures pour DPI à travers le pays, dans un esprit de solidarité avec les autres communes qui accueillent déjà de telles structures sur leur territoire.

En vue de ce projet, nous avons le plaisir de vous inviter à une séance d'information en présence de Monsieur Max Hahn, Ministre de la Famille, des Solidarités, du Vivre ensemble et de l'Accueil, ceci le

EN

Our Commune has expressed its agreement in principle to host a temporary accommodation facility for applicants for international protection ("demandeurs de protection internationale", DPI), with a maximum capacity of 58 beds. This project not only reflects the Commune of Niederanven's commitment to showing solidarity with people seeking protection and to offering them dignified and humane reception conditions, but also aims to contribute to a fairer distribution of DPI facilities throughout the country, in a spirit of solidarity with other communes that already host such facilities within their territory.

In view of this project, we are pleased to invite you to an information session in the presence of Mr Max Hahn, Minister for Family, Solidarity, Living Together and Reception, on



17/03/2026 - 18:30



Centre polyvalent „A Schommesch“

18, rue d'Ernster L-6977 Oberanven



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil



Gemeng
NIDDERAANWEN



Nidderaanwen NEWSLETTER

News, Eventer a Matdeelungen direkt an Är Mailbox

Actualités, événements et informations directement dans votre boîte mail

News, Veranstaltungen und Updates direkt in Ihr E-Mail Postfach

News, events and updates delivered straight to your inbox



QR-Code scannen an abonéieren

Scannez le QR code et abonnez-vous

QR-Code scannen und abonnieren

Scan QR code and subscribe



Gemeng
NIDDERAANWEN

Aktuelle Bauprojekte Projets en cours



FOUSSGÄNGERWEE AN DER RËTSCH

CHEMIN AN DER RËTSCH

LU

Während der Gemengerotssätzung vum 3. Dezember 2025 gouf de Projet fir den neie Foussgängerwee tëschent dem Beiebiert an der Rue Principale zu Rammeldang gestëmmt. Mat dësem Wee gëtt d'Sécherheet fir d'Foussgänger däitlech verbessert, besonnesch fir déi, déi ze Fouss vu Rammeldang iwwert d'Rëtsch a Richtung Beiebiert ënnerwee sinn.

Fir d'Oftrennung vum Wee vun der Strooss gëtt eng kalifornesch Mauer gebaut, déi fir méi Schutz suergt. Den neie Foussgängerwee kritt e Sabalith-Belag, deen net versiegelt ass, fir dass d'Reewaasser natierlech ka versickeren.

Zousätzlech gëtt eng Cunette ugeluecht, déi d'Reewaasser geziilt ofleet. Fir d'Stabilitéit vum Hang ze garantéieren, gi Mauerwierker erricht, déi zum Deel aus Gabiounen bestinn.



FR

Lors de la séance du conseil communal du 3 décembre 2025, le projet du nouveau chemin piétonnier entre le Beiebiert et la Rue Principale à Rameldange a été adopté. Ce chemin permettra d'améliorer nettement la sécurité des piétons, en particulier pour ceux qui se déplacent à pied de Rameldange en passant par la Rëtsch en direction du Beiebiert.

Pour séparer le chemin de la route, un mur californien sera construit afin d'assurer une meilleure protection. Le nouveau chemin piétonnier sera revêtu d'un sol en Sabalith, non imperméabilisé, afin de permettre l'infiltration naturelle des eaux de pluie.

De plus, une cunette sera aménagée pour canaliser les eaux de pluie. Afin de garantir la

stabilité du talus, des murs de soutènement seront construits, composés en partie de gabions.




Scannen Sie den QR Code für mehr Informationen →

Scannez le code QR pour plus d'informations →

FORTSCHRITT DES PROJÈTES
AVANCEMENT DU PROJET

EN NEIEN TERRAIN FIR DE STADE JOS BECKER

UN NOUVEAU TERRAIN POUR LE STADE JOS BECKER



SENNINGERBERG

LU

An der Sëtzung vum Gemengerot de 14. November 2025 ass de Projet vun der Konversioun vum Grasterrain vum Stade Jos Becker zu engem syntheteeschen Terrain gestëmmt ginn. No deem analyséiert ginn ass, wéi eng Zort Terrain am Stade Jos Becker am Sënnvollsten ass, ass d'Wiel op ee syntheteeschen Terrain gefall. Dëst erméiglecht eng aachtmol sou héich Notzungszäit. Soumat kënnen an Zukunft niewent de Matcher vun de Senioren och Jugendmatcher, an eng Villzuel un Trainingsen, ofgehalen ginn. Fir den Afloss op d'Ëmwelt geréng ze halen, huet d'Gemeng Nidderanven sech fir een onverfällte syntheteeschen Terrain entscheet.

FR

Lors de la séance du conseil communal du 14 novembre 2025, le projet de conversion du terrain en herbe du stade Jos Becker en terrain synthétique a été approuvé. Après avoir analysé quel type de terrain serait le plus judicieux pour le stade Jos Becker, le choix s'est porté sur un terrain synthétique. Cette solution permet d'augmenter le temps d'utilisation par huit. Ainsi, à l'avenir, en plus des matchs des seniors, des rencontres de jeunes et de nombreux entraînements pourront également avoir lieu. Afin de limiter l'impact sur l'environnement, la commune de Niederanven a opté pour un terrain synthétique non rempli.



Scannen Sie den QR Code für mehr Informationen →

Scannez le code QR pour plus d'informations →

FORTSCHRITT DES PROJETES AVANCEMENT DU PROJET



Im Fokus Au point

ZWOU BUERGEN, ENG TRADITIOUN:

D'BUERG- BRENNEN

AN DER GEMENG NIDDERAANWEN

HEEMELEG MAT VILL HÄERZ: D'BUERGBREN- NEN ZU IERNSTER

D'Buergbrennen ass wuel ee vun de bekanntsten a symbolräichste Bräich am Land. All Joer, zum Schluss vun der kaler Saison, kommen d'Leit zesummen, fir duerch d'Entfache vun engem grousser Feier, de Winter „ze verbrennen“ an d'Fréijoer ze begrëssen. Et ass en alen heednesche Brauch, deem d'Liicht an d'Hëtzt zeréck an d'Dierfer bréngen sollt, eng Traditioun, déi bis haut a ville Gemengen net u Bedeitung verluer huet.

Och bei eis an der Gemeng spillt d'Buergbrennen nach ëmmer eng grouss Roll. All Joers ginn net nëmmen eng, mee direkt zwou Buergen opgeriicht a verbrannt: samschdes owes zu Iernster a sonndes owes zu Nidderaanwen. Béid Evenementer hu schonn eng laang Geschicht an hir ganz eege Charakteristik. Wat se verbënnt ass dat grouss Engagement vu ville Benevolen. Dëst Joer falen d'Buergbrennen op de Weekend vum 21. an 22. Februar, traditionell ass et ëmmer den éischte Sonndeg no der Fuesent, och „Buerge-sonndeg“ genannt.

Zu Iernster gouf d'Buerg laang Zäit vun de Jonken aus dem Duerf opgeriicht. 2008 ass d'Traditioun duerch en Opruff ënnert de Bewunner nei opgebléit, a vill Leit hu sech bereet erkläert, eng Hand mat unzepakken. Doropshin ass dunn och de Veräin Iernster Stoussnäckelen entstanen, deem zënterhier mat vill Häerzblutt fir e schéint Buergebrenne suergt.

D'Buerg steet op der Duerfplaz, engem zentrale Punkt, wou vill Leit sech versammelen an eng gemittelt Atmosphär entsteet. Flott ass och déi direkt ugrenzend Spillplaz, wou sech d'Kanner de ganzen Owend iwwer amuseieren kennen. Historesch gesinn huet d'Buerg schonn op diverse Plaze gebrannt, esou ënner Anerem vun de 50er bis 90er Joren um Iernsterbiérg, éiert se du fir e puer Joer op d'Wéllt geplënnert ass. Zanter 2008 ass d'Duerfplaz nees déi fest Plaz fir dëst grousser Feier.



Version française de l'article →
Deutsche Version des Artikels →
English version of the article →



D'Buerg zu lernster ass ëm déi siwe Meter héich a gëtt aus Palletten, Stréi an ale Chrëschtbeemercher zesummegezat. D'Material gëtt iwwert d'Joer gesammelt, mee déi tatsächlech Virbereedunge fänken ongeféier zwee Méint virdrun un. Eng Woch virum Buergbrenne geet et mam Opriichte vun der Konstruktioun lass, an den Dag virdru gëtt de Catering preparéiert.

E wichtege Bestanddeel vum Owend ass de Fakelzuch, dee vun der Schoul bis op d'Duerfplaz féiert. De Verkauf vun de Fakele gëtt traditionell fir e gudden Zweck gespent. Eng schéin Traditioun ass och, datt eng Koppel, déi am Joer virdru bestuet oder gepacst gouf, d'Buerg ufänkt. Wann et keng esou Koppel gëtt, gëtt Feier vu jidderengem zesummen entfacht. Fir d'Leit gëtt et ganz traditionell Wurschte vum Grill a Lënschbäll mat oder ouni Fleesch - zwee Klassiker, déi ëmmer gutt ukommen.

IMPOSANT MAT STAARKEM ZESUMMENHALT: D'BUERGBRENNEN ZU NIDDERAANWEN

Sonndes owes steet d'Buergbrennen zu Nidderaanwen um Programm. Organiséiert vun

de Buergfrënn zesumme mat de Scouten, huet dësen Owend sech an de leschte Joren zu engem richtegen Zuschauerprogramm entwéckelt. Och hir Geschicht geet wäit zeréck: fréier haten d'Scouten hiert eegent Buergbrenne beim Scouthome, an op der anerer Säit vum Hiwwel hunn d'Pompjeeën hir Buerg verbrannt. Iergendwann ass decidéiert ginn, sech zesummen ze doen an aus zwou méi kleng Buergen ass eng grouss ginn. Vill Jonker, déi deemools gehollef hunn, si bliwwen, och wann se net méi aktiv an engem Veräin waren. Aus hinne sinn dunn d'Buergfrënn entstanden,

déi sech och haut nach mat vill Leidenschaft ëm d'Opriichte vun der Buerg bekëmmern, während d'Scouten d'Verpfleegung an d'Logistik den Dag selwer iwwerhuelen.

D'Buerg gëtt op engem grouss fräie Site tëschent Nidderaanwen a Mënsch opgeriicht, eng Plaz, déi Raum fir déi vill Visiteuren an déi grouss Konstruktioun bitt. Mat sengen 21 Meter Héicht a 14 Meter Breed ass d'Buerg och nach vun der Autobunn aus ze gesinn. Och dës Buerg besteet haaptsächlech aus Palletten, Holz an Chrëschtbeem.





Am Ganze ginn tëschent 2.500 an 3.000 Pallette verbaut. D'Organisatioun an d'Virbereedung fänke scho laang am Voraus un: Gutt 6 Méint virdrun treffe sech déi zwee Veräiner fir déi éischt organisatoresch Froen ze klären. Ab deem Moment ginn och schonn aktiv Palletten organiséieren an agesammelt. 3 Woche virum Buergbrenne ginn d'Stämm fir d'Tiirm gesat an déi Woch virum Event gëtt all Dag vun 10 Auer moies bis dass et däischter gëtt geschafft. Fir e gudde Maufel suergen d'Scoute ganz klassesch mat Gegrills an hirer beléiften Lënsenzopp (och an enger veganer Variant), fir vill Leit a Kombi mat engem leschte Glühwäin fir des Wintersaison.

Dëst Joer feieren d'Buergfrënn hiert 10-järegt Bestoën, d'Visiteuren dierfe sech also op eng extra imposant Buerg freeën.

ENG TRADITION, DÉI VERBËNNT

Zum Buergbrenne gehéiert awer net nëmmen den Dag vum Event, mee och alles wat ronderëm geschitt. Eng flott Tradition, déi dozou gehéiert, ass d'Ophiewen: Op béide Plazen zéien d'Veräinsmembere duerch d'Dierfer, kommen an de Kontakt mat den Awunner, erzielen hinne vun

dësem Brauch a luede se perséinlech op hiert Fest an.

Egal ob zu lernster oder zu Nidderaanwen, d'Buergbrenne weist all Joer op en Neits, wéi vill Wäert an eiser Gemeng op Zesummenhalt geluecht gëtt. Et ass e Moment, wou nei an al Awunner, Familljen a Frënn zesummekomme fir ze laachen an ze feieren.

Wann d'Bauhäre stolz vun ënnen op hir fäerdeg Buerg eropkucken, an d'Leit beim Laanschtfuere stoe bleiwe fir déi mächtge Konstruktioun ze bestaunen, dann ass dat fir si ëmmer déi bescht Bestätigung, dass all d'Méi vun de Wochen a Méint sech gelount huet, wuelwëssend, dass se e puer Stonnen drop scho rëm a Flamen opgeet.

Déi dräi Veräiner si sech eens: et ass wichteg, och weiderhi jonk Leit ze motivéieren, fir des Tradition virunzedroen. Wéi an deene meeschte Veräiner ass och hei den Nowuess net selbstverständlech. D'Organisateure wënschen sech, dass d'Buergbrennen nach laang als Tradition erhalte bleift an och an Zukunft sécher an ouni Restriktiounen gefeiert ka ginn. Si sinn dankbar fir all Ënnertsetzung, déi si vun de Gemeservicer an de Sponsoren kréien, sief et beim Asammele vun de Chrëschtbeem, beim



Opriichte vun den Zelter, duerch d'Bereetstellung vu Material a Maschinnen oder och duerch finanziell Hëllef. Ouni des Zesummenaarbecht wier esou en Event kaum ze stemmen.

D'Buergbrennen ass méi wéi just e grouss Feiertag: et ass e

Stéck Identitéit, e Symbol vu Gemeinschaft an e wichtige Moment, deem d'Awunner aus der Gemeng Nidderaanwen all Joers nees zesummebréngt.



Offizielle Veranstaltungen *Événements officiels*

Fest vum HÉIJEN ALTER

LU

De Mëttwoch, 12. November, war de Schafferot op Besuch am CIPA Gréngewald, fir d'BewunnerInnen aus dem Haus fir hir 90. Joer ze éieren.

FR

Le mercredi 12 novembre, le Collège échevinal s'est rendu au CIPA Gréngewald pour célébrer les résidents de l'établissement à l'occasion de leurs 90e anniversaires.



ORANGE WEEK 2025

LU

Um Internationalen Dag géint d'Gewalt u Fraen, huet d'Gemeng Nidderaanwen un all d'Fraen a Meedercher, déi Affer vu Gewalt goufen an sinn, erënnert. Mir appelléieren un d'Gesellschaft, fir sech fir eng méi sécher a méi gerecht Welt anzusetzen. All Fra op dëser Welt huet d'Recht op Fräiheet, Respekt a Sécherheet. Do-fir soe mir als Gemeng kloer NEEN zu all Form vu Gewalt géint Fraen!

FR

A l'occasion de la Journée internationale pour l'élimination de la violence à l'égard des femmes, la commune de Niederaanven a rendu hommage à toutes les femmes et filles, qui ont été ou sont victimes de violence. Nous appelons l'ensemble de la société à s'engager pour un monde plus sûr et plus juste. Chaque femme a droit à la liberté, au respect et à la sécurité. C'est pourquoi, en tant que commune, nous disons clairement **NON** à toute forme de violence faite aux femmes !



SOIRÉE DU BÉNÉVOLAT

LU

Op der éischter Soirée du Bénévolat, de 14. November 2025, huet d'Gemeng eng 40 Leit ausgezeechent, déi sech zanter Jore fräiwëlleg engagéieren. Mat dëser Éierung wëlle mir hinne Merci soe fir hiren Asaz an hir Zäit.

EN

At the first Soirée du Bénévolat on 14 November 2025, the Commune honored around 40 people who have been volunteering for years. With this recognition, we want to thank them for their commitment and their time.

BÉNÉVOLE MÉRITANT

Elise Houwen
Maggy Weber-Federmeyer
Monique Hoffmann-Wolter
Ulrich Nelting
Véronique Kieffer

MÉRITE ASSOCIATIF

Carole Krecké
Claudette Meyers
Fernand Mangen
Jacques Wolter
Jeanne Bauler
John Bauler
Juliette Beffort
Lucie Schummer-Bertrand
Mady van der Zande-Friederich
Marc Mouton
Marc Schlammes
Marc Thekes
Marc Wagner
Marianne Waringo
Marie-Jeanne Jungen
Mike Schmit
Pierre Hoffmann
Romain Neyens
Sylvie Lanners
Yvette Liébaert-Kirsch

MÉRITE ASSOCIATIF & BÉNÉVOLE MÉRITANT

Gilbert Sauber
Jacqueline Reiter
Marie-Anne Heinen

MÉRITE ASSOCIATIF EXTRAORDINAIRE

Albert Künsch
Claude Koob
Conny van der Zande
Gaston Schon
Jean-Paul Hoffmann
Liliane Mouton
Michel Rupp
Paul Greis
René Manderscheid
Romain Bache

MÉRITE ASSOCIATIF EXTRAORDINAIRE & BÉNÉVOLE MÉRITANT

Sylvie Hury
Tun Geyer



CHRËSCHTMAART NIDDERAANWEN

LU

Vum 5. bis 7. Dezember huet nees eisen traditionelle Chrëschtmart beim Gemengenhaus an „A Schommesch“ stattfonnt. Och dës Editioun war e grouss Succès an huet vill Visiteuren aus der Gemeng an aus der Ëmgéigend ugezunn.

Um Freidenowend gouf de Chrëschtmart offiziell vum Gemengerot opgemaach, éier d'Kannergrupp ICECLIC mat hirer Performance fir déi éischt stëmmungsvoll Momenter gesuergt huet. De Samschde war richtig gutt mat Programm gefëllt: Mat engem Danzspektakel vun IDEA, dem Face painting fir Kanner, dem Hobbykonschtmart an engem impressionnante Concert vum Ensemble Vocal Jubilate & Concordia The Voices Nidderaanwen war fir jiddereen eppes dobäi. Am spéiden Nomëtteg ass dunn nach de Kleeschen op Besuch komm, wat fir vill glänzend Kannerae gesuergt huet, éier de Solokëschter Kevin Heinen mat senger flotter Stëmm den Owend ofgeschloss huet.

Sonndes hunn d'Kanner aus der Schoul „Am Sand“ fir eng härezech a lieweg Atmosphär gesuergt. Mat vill selwergestellter Deko um Sandmärtchen an de flotten Optrëtter vun de Schülerinnen a Schüler aus de Cyclen 2 bis 4 war dësen Dag e schéinen Ofschloss vun engem gelungenen a gemittleche Weekend.

E grouss Merci u jiddereen, deen un dësem flotten Event mat bedeelegt war!





Fir méi Fotoe scannt
dëse QR-Code →

For more photos
scan this QR-Code →

GËLLENHOCHZÄITSFEIER

LU

De Mëttwoch, 17. Dezember huet de Schäfferot all déi Koppelen an der Gemeng, déi 2025 50. Bestietnis feieren, op d'Gëllenhochzäitsfeier agelueden.

11 Koppele sinn der Invitatioun nogaangen an hunn zesumme mam Schäfferot an de Gemeindeconseillere(n) e schéinen Owend verbruecht.



Fir méi Fotoe scant
dëse QR-Code →
For more photos
scan this QR-Code →



FEIERDEEG op der Gemeng

LU

Vun der traditioneller Chrëscht-foto bis op d'Chrëschtfeier an den Neijooschpatt, och d'Gemengepersonal hat iwwert d'Feierdeeg e puer flott Eventer zesumme mat de Membere vum Schaffen- a Gemengerot.



Chrëschtfeier



Glühwainpatt vun der Personal- an der Aarbechterdelegatioun



Chrëschtwësch vum Personal




Chrëschtfeier



Glühwainpatt vun der Personal- an der Aarbechterdelegatioun



Neijooschpatt



Neijooschpatt

100. GEBUERTSDAG vun der Madamm Dostert-Dondelinger

LU

Fir de ronne Gebuertsdag vun der Madamm Dostert-Dondelinger huet eise Schäfferot et sech net huele gelooss, fir dem Gebuertsdagskand e Besuch am CIPA „Gréngewald“ Niederanven ofzestatten. A Presenz vum Familljeminister, Max Hahn, gouf den 12. November 2025, feierlech op d'Madamm Dostert-Dondelinger ugestouss.

Als Ofschloss huet d'Madamm Dostert-Dondelinger eise Schäfferot an den Här Minister mat eraus virun de CIPA begleet, fir am Kader vun der Bam-Challenge mat eis zesummen e Bam ze planzen.

FR

Pour l'anniversaire marquant de Madame Dostert-Dondelinger, notre Collège échevinal n'a pas manqué de rendre visite à la jubilaire au CIPA « Gréngewald » à Niederanven. En présence du ministre de la Famille, Max Hahn, un toast a été porté à Madame Dostert-Dondelinger.

Pour conclure, Madame Dostert-Dondelinger a accompagné notre Collège échevinal ainsi que Monsieur le Ministre à l'extérieur du CIPA afin de planter ensemble un arbre dans le cadre de l'action « Bam-Challenge ».



Scannt de QR-Code fir eise
Video vun der Bam-Challenge →
Scannez le code QR pour notre
video de la « Bam-Challenge » →

Grüne Ecke Coin Vert



PLANZAKTION

fir déi Neigebueren

LU

Am Ganze 17 Kanner aus der Gemeng, déi 2024 op d'Welt komm sinn, kruten de 15. November 2025 12 Äppel- a Bierespälerbeem gesat. Geplantz gouf um Komplex „Am Sand“ um Site vum CIPA „Gréngewald“ Niederanven. No der Planzaktioun konnte Grouss a Kleng sech bei engem lesse stäerken an d'Kanner kruten als Erënnung un dësse flotten Dag e Schneidbriedchen aus heemeschem Holz mat hirem Numm. Dës Aktioun gouf zesumme mam Natur-Team vun der Gemeng, dem Gärtnerdénsgsch, dem SIAS an der ANF organiséiert.

FR

Au total, 17 enfants de la commune nés en 2024 ont planté 12 pommiers et poiriers le 15 novembre 2025 sur le complexe « Am Sand » près du CIPA « Gréngewald » à Niederanven. Après la plantation, petits et grands ont pu se restaurer et les enfants ont reçu en souvenir de cette belle journée une planche à découper en bois local avec leur nom. Cette action a été organisée en collaboration avec l'équipe Nature de la commune, le service jardinage, le SIAS et l'ANF.



Aktioun UEBSTBEEM

LU

Réckbléck op eis Uebstbeem-Aktioun am Kader vum „Dag vum Bam 2025“, bei där all Stot aus der Gemeng d'Méiglechkeet hat, ee Quetschen- oder Mirabellëbam ze bestellen. De 4. a 5. Dezember war dunn déi grouss Verdeelung am Atelier vum Jardinage, dëst a Presenz vum Natur Team.

EN

Throwback to our fruit tree initiative as part of the "Tree Day 2025", where all households of the Commune had the opportunity to pre-order a plum or mirabelle tree. On 4 and 5 December, the big distribution took place at the gardening workshop, in the presence of the Natur Team.



VISITT VUN DER SIDOR

LU

E Samschdeg, den 8. November hat d'NaturTeam vun der Gemeng Nidderaanwen eng Visitt vun der Müllverbrennungsanlag vum SIDOR zu Leideleng organiséiert. Et ass dëst déi eenzeg esou Anlag zu Lëtzebuerg.

De SIDOR ass e Syndikat vu 34 Gemengen aus dem Süden an dem Zentrum vun eisem Land. Hei gi pro Joer eng 120.000 t Offall aus de Membersgemengen traitéiert. Derbäi kënn och nach en Deel vum Reschtofall aus Norden an Oste vun eisem Land. Zesumme ginn all Joer esou eng 167.000 Tonne Reschtmüll zu Leideleng verbrannt. Eng gutt 30 Leit ware bei der Visitt derbäi. Si kruten de ganze Fonctionnement vun der Anlag erkläert. Wichtig ass dobäi virun allem, dass esou wéineg ewéi méiglech Schuedstoffer, déi bei der Verbrennung entstinn, an d'Ëmwelt geroden. Hei ass eng ganz Rei vu Filteren agebaut, déi dat esou gutt ewéi méiglech verhënneren.

Och déi aner wichteg Missioun vun der SIDOR, der Informatioun an der Sensibiliséierung vun der Ëffentlechkeet zur Reduzéierung vun den Offallmengen ass zur Sprooch komm.

Dee beschten Offall ass nämlech deen, deen iwwerhaupt net entsteet!

No där ganz interessanter Visitt, wou och eng Rei Froe vun de Leit beäntwert gi sinn ass et zeréck op Nidderaanwen an de Loisi gaan-gen, wou d'Membere vum NaturTeam eng Antigaspi-Zopp offréiert hunn. Hei ass nëmme Geméis verschafft ginn, wat vu Biogros net méi verkaft konnt ginn, an eis gratis zur Verfügung gestallt gouf.

Et ass och nach deen een oder aneren Dessert zerwéiert ginn, wou och gréisstendeels op lokal Uebst zeréckgegraff gouf.



PAS DE PRODUCTEURS... PAS DE CAFÉ !



**Avec le café Fairtrade,
vous contribuez à sécuriser l'avenir des
producteurs menacés par l'extrême
pauvreté et le changement climatique.**

**ENSEMBLE, CHANGEONS LE COMMERCE
POUR UN MONDE PLUS JUSTE !**




EN SAVOIR PLUS
fairtrade.lu

Alex Krieps




Sandra Noesen



Erwin Esly



Jil Steyer



Zuzana Brandt



Villmools Merci dem Här Metty Cungs,

deen eis d'Coverfoto vun dësem
Gemengeblat zur Verfügung
gestallt huet.



Schéckt är flott Naturfoto aus der
Gemeng fir an d'Gemengeblat u

→ buet@niederanven.lu



Schulwesen & Erziehung *Enseignement & Éducation*



COMPUTERCOURSEN GEMENG NIDDERAANWEN

VUM 2. FEBRUAR 2026 BIS 20. MÄERZ 2026 – A LËTZEBUERGESCHER SPROOCH

	MÉINDEN	DËNSCHDEN	MËTTWOCH
9.30 – 11.30	MS Windows 11	Internet	MS PowerPoint
14.00 – 16.00	iPhone / iOS	MS Word avancé	MS Excel avancé

Aschreiw kann ee sech
all Dag vum 19.01. bis
30.01.2026 vun 9.00
bis 16.30 Auer

621 22 35 22
niederanven@gmail.com

**Responsabel vun de
Coursen:**

EHMANN Fernand

Adress:

Centre de Formation
„Am Bongert“
128, route de Trèves
L-6960 Senningen

Internet niveau intermédiaire
Microsoft Windows 11
Microsoft PowerPoint initiation
Microsoft Word avancé
Microsoft Excel avancé
Workshop Apple iPhone / iOS

→ 6x2 Stonnen: **75€**
→ 6x2 Stonnen: **75€**
→ 6x2 Stonnen: **75€**
→ 6x2 Stonnen: **75€**
→ 6x2 Stonnen: **75€**
→ 4x2 Stonnen: **45€**



**Permanence bei Froe ronderëm Ären Handy, Tablet
a Computer.**

Hutt Dir ee Problem a wësst net weider, da mell
lech beim Här Ehmman um T. 621 22 35 22 an Dir kritt
geholf.

→ *D'Permanence gett ëmmer
donneschdes a freides um
10 Auer oder um 14 Auer
op Rendez-vous ugebueden.*



Babysitting.lu


Where parents and babysitters connect

BABYSITTERS

EMPOWER FAMILIES WITH YOUR CARE AND DEDICATION!

**AIDEZ LES FAMILLES GRÂCE
À VOTRE BIENVEILLANCE ET
VOTRE ENGAGEMENT !**

- **Connect with local families.**
Connectez-vous avec des familles locales.
- **Manage your schedule easily.**
Gérez facilement votre emploi du temps.
- **Earn extra income.**
Gagnez un revenu supplémentaire.
- **Build your network.**
Développez votre réseau.



Sign up for free!


*Inscrivez-vous
gratuitement !*

PARENTS

FIND RELIABLE BABYSITTERS ANYTIME, ANYWHERE!

**TROUVEZ DES BABY-SITTERS
FIABLES À VOTRE DISPOSITION,
PARTOUT ET À TOUT MOMENT !**

- **Find certified & verified babysitters.**
Trouvez des baby-sitters certifiés & vérifiés.
- **Book securely online.**
Réservez en toute sécurité en ligne.
- **Enjoy flexible scheduling.**
Profitez d'une flexibilité horaire.
- **Peace of mind guaranteed.**
Tranquillité d'esprit garantie.



Register for free!

*Inscrivez-vous
gratuitement !*



🌐 www.babysitting.lu ✉ babysitting@elisabeth.lu

Babysitting.lu, un service agréé par le Ministère de l'Éducation Nationale de l'Enfance et de la Jeunesse et géré par Elisabeth Jeunesse
Babysitting.lu, a service approved by the Ministry of Education, Children and Youth and managed by Elisabeth Jeunesse

MAISON RELAIS A CRÈCHE NIEDERANVEN

D'Wanterfest vum Grupp 3-4

LU

D'WANTERFEST VUM GRUPP 3-4

Och dëst Joer huet de Grupp 3-4 hiert Wanterfest organiséiert, wou d'Kanner an Elteren häerzlech wëllkomm waren. An enger waarmer a gemittelter Atmosphär konnten d'Familljen zesumme vun hieer Räumlechkeeten profitéieren an un de verschiddenen Aktivitéiten deelhuefen. Besonnesch gutt ukomm ass de Photoshooting, bei deem flott Erënnungsfotoe gemat goufen. D'Bastelaktivitéite waren ganz beléift, wou d'Kanner mat vill Freed hir eege wanterlech Dekoratiounen gestalt hunn. Fir Bewegung a Spaass huet eis Wanterolympiade gesuergt, bei där grouss wéi kleng mat vill Begeeschterung dobäi waren.



An der gemittelter Wanterlounge haten d'Elteren an d'Kanner d'Méiglechkeet, sech mat engem waarme Gedränk opzewiermen. Ofgeronnt gouf d'Fest duerch Fotoexpositiounen, déi en Abléck an den Alldag vun de Kanner ginn hunn a vun den Elteren mat vill Interessi ugekuckt goufen.

Am Laf vum Nomëtteg hunn d'Kanner sech och fir eng gemittelt Wantergeschicht zesumme fonnt, déi fir en rouege an agréablen Moment gesuergt huet.

D'Wanterfest war ee schéint Erlefnis. Mir soen allen, déi zum Gelänge vum Fest bäigedroen hunn, e grouss Merci a freeën eis elo schonn op dat nächst Wanterfest.

ADVENTSFÄNSTER

Am Kader vun der traditioneller Adventsfenster-Aktioun vun der Gemeng haaten d'Crèche an d'Maison Relais Niederanven de 17. Dezember 2025 hiren Optritt. D'Kanner haaten an den Wochen virun mat vill Engagement un der Gestaltung vun dësem spezielle Fenster geschafft andeems se all dei kleng dekoratiounen gebastelt an ge-

molt hunn. D' Kanner haaten immensen Spaß bei der Partizipatioun vun desen Dekoratiounen.

Tëscht 17 an 18 Auer waren d'Elteren invitéiert, fir dës Aarbechte mat den Educateuren an de Kanner ze bewonneren. Virum Fenster stoung eng kleng, thematesch gestalt „Wanterlandschaft“, an déi Grouss a Kleng goufen hä-

erzlech mat waarmen Schock oder Punsch begrüsst. Dës Begegnungszone huet Raum fir een Zesummekommen an Austausch geschaaf.

D'Evenement huet kloer gewisen, wéi vill pädagogesch Wäert an esou klengen, gemeinschaftlechen Aktivitéite läit. Elteren hunn d'Méiglechkeet kritt, d'Entwécklungsfortschritter vun hire Kanner ze

erkennen an ze schätzen. Gläichzäiteg goufen nei Kontakter geknüppt, tëscht Elteren, mee och tëscht eisem Fachpersonal an de Familljen, wat zu enger Stärkung vum sozialen Netz an enger partizipativer Bildungsarbecht bäidréit.

Déi harmonesch Atmosphär an déi vill gemeinsame Momenter hunn nach eemol ënnerstrach, wéi wichteg d'Vernetzung an d'Zesummenaarbecht tëscht Bildungsinstitutionen an de Familljen ass. Adventsfenster 17 war domat net nëmmen eng sichtbar Dekoratioun, mee een scheint Beispill fir géigesäiteg Wertschätzung, sozial Kohäsioun an eng lieweg Gemeinschaftskultur.



DIPLOMIWUERREESCHUNG vun der Museksschoul

LU

Den 11. Dezember huet am Centre de Loisirs d'Diplom-iwuerreechung vun der Museksschoul Nidderaanwen stattfonnt. Op dësem flotten, musikalesch encadréierten Owend hunn d'Schülerinnen a Schüler hir Diplomer an Zertifikater entgéintgehol. Gratulatioun u jiddereen!

EN

On December 11, the diploma ceremony of the Niederaanven music school took place at the Centre de Loisirs. During this wonderful, musically accompanied evening, students received their diplomas and certificates. Congratulations to everyone!



WANTERAUDITION

van der Museksschoul



LU

Den 18. Dezember 2025 huet am Kulturhaus zu Nidderaanwen nees d'Wanteraudition vun der Museksschoul stattfonnt, bei där d'Schüler konnte weisen, wat si déi lescht Méint geléiert a geübt hunn.

EN


On 18 December 2025, the Music School's Winter Audition took place again at the Kulturhaus in Niederaanwen, where the students were once more able to show what they had learned and practiced over the past few months.



GENERALVERSAMMLUNG vun der APE Niederaanven

LU

D'APE Niederaanven huet op hirer leschter Generalversammlung jeeweils e Chèque vu 5.000 € un d'ASBL ILE AUX CLOWNS an un d'FONDATION KRIIBSKRANK KANNER iwwerreecht. Des Weidere goung och nach een Don un d'ASBL Maarkollef fir d'Participation un hirem Pizzaween am Kannergaart, esou ewéi T-Shirte fir Kanner aus dem Cycle 4.1. a 4.2, déi bei der First Lego League matmaachen.



VERSCHIEDENE MITTEILUNGEN // INFORMATIONEN DIVERSES // IM FOKUS // AU POINT // DER GEMEINDERAT // LE CONSEIL COMMUNAL // OFFIZIELLE MITTEILUNGEN // INFORMATIONEN OFFIZIELLES // AKTUELLE BAUPROJEKTE // PROJETS EN COURS // OFFIZIELLE VERANSTALTUNGEN // ÉVÉNEMENTS OFFICIELS // GRÜNE ECKE // COIN VERT // SCHULWESEN & ERZIEHUNG // ENSEIGNEMENT & ÉDUCATION // NIEDZ4KIDZ // VEREINE // ASSOCIATIONS



Niedz4Kidz

Niedz4Kidz

ENGAGEMENTSPRÄIS 2024/2025

Schüler*inne vun der EF Am Sand ausgezeichnet


LU

Am Kader vum Projet Masterplang Am Sand hunn d'Schüler*innen aus de Klassen C3.2 bis C4.2 vun der EF Am Sand den LdE Engagementspräis 2024/2025 vum Zentrum fir Politesch Bildung kritt. De Präis honoréiert Projeten, déi no der Method Léieren duerch Engagement an der Grondschoul oder am Lycée ëmgesat ginn a sech duerch héich Qualitéit, gutt Dokumentatioun an aktiv Bedeelegung auszeichnen.

Ënnert der Leedung vun hire Léierinne, Madame Mireille Di Tullo a Madame Véronique Kohnen, hunn d'Kanner zesumme mat der Gemeng Nidderaanwen, dem Jugendhaus Nidderaanwen, youth4planet an Niedz4kidz Iddie fir d'Neigestaltung vum Beräich ronderëm d'Sportshal an d'Schoul Am Sand entwéckelt. Mat Atelieren, Ëmfroen, Interviewen an engem Storytelling-Film hu si konkret Virschléi fir e méi frëndlecht, nohaltegt a kannerfrëndlecht Ëmfeld gemaach.



© Zentrum fir politesch Bildung (ZpB)



D'Präisiwwerreechung huet e Méinden, de 27. Oktober 2025, am Forum Geesseknäppchen stattfonnt – am Kader vun der Woch vun der Demokratie. De Buergermeeschter Fréd Ternes an de Schäfte Jacques Bauer hu bei där Geleeënheet d'Engagement an d'Kreativitéit vun de Schüler*innen gelueft.

Als UNESCO-Schoul ass d'EF Am Sand besonnesch houfreg op dese Projet, dee Wäerter wéi Participatioun, Zesummenhalt, Dialog a biergerlecht Engagement op eng lieweg Aart a Weis vermittelt.



Scannt de QR-Code
fir de Video zum
Masterplang Am Sand →

Puddingkichelcher

1 Pak
Vanillzocker

100 gr Miel



100 gr mëll Botter

50 gr Pudderzocker

37 gr Vanillspudding-Polver
fir déi hell Kichelcher

37 gr Schockelaspudding-Polver
fir déi brong Kichelcher

1

De Botter schaumeg schloen.
Pudderzocker a Vanillzocker dobäi ginn

2

D'Vanille- oder Schokelaspudding-Pulver an d'Miel
ënnerknieden, den Deeg a Frëschhaltefolie awéckelen
a fir eng Stonn an de Frigo leeën

3

Den Uewen op 180 Grad iewescht an
ënnescht Hëtzt virhëtzen

4

Aus dem Deeg kleng Kugele formen (Ø 3 cm) a se op e
Bakblech leeën. Mat enger Forschett d'Kugele
domat flaach drécken

5

D'Kichelcher 10-12 Minutte baken. Ofkille
loossen a mat Pudderzocker bestëbsen
an zerwéieren

Vun der Iddi bis zur Ëmsetzung: WÉI KANNER EIS GEMENG MATGESTALTE KËNNEN

LU

Virun engem gudde Joer hu mir iech vun eisem nei lancéierte Projet an der Schoul erzielt, wou mir zesumme mat Niedz4Kidz am éischten Trimester zweemol Workshops an de Klasse vum Cycle 4.1 organiséiert hunn. Elo, e Joer méi spët, wëlle mir iech weisen, wéi et mat deene verschiddenen Theme weidergaangen ass.

WÉI ALLES UGEFAANGEN HUET

Nodeems mir am grouse Grupp mat alle Klasse vum Cycle 4.1 schonn eng Partie Iddie gesammelt haten, huet sech d'Ékipp vun Niedz4Kidz mat véier motivéierte Schüler, dem Kim, dem Hendrik, dem Emil an dem Casper zesumme gesat fir des Virschléi ze konkretiséieren.

Eraus koumen du 4 wichteg Themaen, déi deene Jonken immens um Häerz louchen: Verkéierssicherheit, de Schoulcampus „Am Sand“, Spillplazen an eiser Gemeng an de Projet vun engem Kanner-Café/Kiosk. An esou ass et domadder weider gaang...

...VERKÉIERSSÉCHERHEET

D'Verkéiserssicherheit ass e Sujet, deen eis all um Häerz läit. Och eis jéngste Bewunner hu sech vill Gedanke gemaach, wéi een d'Situatioun op verschiddene Stroosse verbessere kéint. Hir Iddie sinn dunn och an de Projet „Séchere Schoulwee“ mat eragefloss, bei deem d'Schoulweeër analyséiert an déi geféierlechste Plaze méi genau ënnert d'Lupp geholl goufen. Mëttlerweil goufen op ville Plazen d'Marquagen um Buedem erneiert, nei Pott-oen a Schëlde installéiert, sougenannte „Berliner Kissen“ fir méi niddreg Vitessen ugeluecht an zousätzlech Stroosseluuchte bei Zebrastreife gesat. Dëst hëlleft, dass d'Foussgänger a virun allem och d'Schülerinnen a Schüler besser gesi ginn.

Dëst sinn nëmmen e puer Beispiller, vill aner Upassunge stinn an de kommende Méint a Joren nach un.



...DE SCHOULCAMPUS „AM SAND“

Den Zentrum „Am Sand“ ass fir vill vun eis e feste Bestanddeel vum Alldag: hei schaffe mir, ginn an d'Schoul, maachen Akeef oder verbréngen eis Fräizäit. Fir dëse wichtige Punkt un déi aktuell an zukünfteg Besoinen unzepassen, gouf 2024 eng ëmfaassend Partizipatiounsprozedur gestart – den éischte Schrëtt fir eng nohalteg Opwärtung vum Zentrum.



Scannt de QR-Code
fir op d'Presentatioun
vum Infoowend zum
Séchere Schoulwee ze
kommen →

Och d'Schülerinnen a Schüler hu matgemaach: ënnert der Leitung vun zwou Léierinnen hunn d'Kanner zesumme mam Jugendhaus Niederaanven, youth4planet an Niedz4Kidz Iddien entwéckelt, fir d'Gestaltung vum Site ronderëm d'Sportshal an d'Schoul nei ze denken.

Iwwer Ateliers, Ëmfroen, Interviewen an e Storytelling-Film hu si konkret Virschléi gemaach, fir hiert Ëmfeld méi frëndlech, nohaltig an un d'Besoinen vun de Kanner unzepassen.



Fir dëse Projet am Kader vum „Masterplang Am Sand“ goufen d'Schüler aus de Klassen C3.2 bis C4.2 souguer mam LdE-Engagementspräis ausgezeechent, eng super Unerkennung fir hiert beispillhaft Engagement.

...SPILLPLAZEN

De Cycle 4.1 vum Joer 2024/25 hat vill flott Iddien a Verbesserungsvorschläg fir eis Spillplazen. Doduerch konnten am leschte Joer eng Rei Reparaturen duerchgefouert ginn: Golnetzer goufen erneiert, Schaukelen ausgetosch an Trampolinne reparéiert.

Zesumme mat de véier Schüler gouf och ee ganz konkrete Projet lancéiert: d'Erneuerung vun der Spillplaz „Um Trenker“. Bei engem éischten Atelier op der Plaz selwer hu 25 Kanner zesumme festgehalten, wat hinne bei enger neier Spillplaz wichteg ass. Si hunn och decidéiert, datt déi nei Spillplaz e speziell Thema kréie soll: „Zoo“, als Erënnerung un de fréiere „Sennenger Zoo“.

Ganz rezent huet sech Niedz4Kidz nach eng Kéier mat engem Deel vun dëse Kanner getraff, fir déi éischt Propose vun neie Spillgeräter ze kucken an ze diskutéieren, wat wouhi passt. Den nächste Schrëtt ass elo d'Ëmsetzung – d'Aarbechte sollen am Laf vum Joer ufänken.

...SUMMERKIOSK

E weidere wichtige Schrëtt a Richtung Kanner-Café huet d'Jugendhaus dëse Summer mat sengem Summerkiosk gemaach. Nom Motto „Aktivitéiten am Rhythmus vum Summer“ hu si beim Skatepark während der grousser Vakanz e flotte Programm ugebueden: Volleyball, Petanque, Graffiti an nach vill méi hu fir Beweegung, Kreativitéit an Zesummenhalt gesuergt.

Mee och méi gemittelt Momenter wéi Gesellschaftsspiller bei engem Softdrink oder enger Glace waren dobäi. Jidderee war wëllkomm – sou hunn och Bewunner aus dem CIPA heiansdo de Wee dohinner fonnt.

De Summerkiosk war e grousser Succès, an dowéinst ass sécher: dës flott Fräizäitaktivitéit fir jonk an al war net fir d'Lescht.

Dir gesitt, är Meinung zielt! Dofir si mir ganz frou an houfreg och weiderhi kenne mat iech u ville flotte Projeten ze schaffen.

Och des Rentrée ware mir erëm an der Schoul an hu mat den 3 Klassen aus dem Cycle 4.1 fläisseg un neien Iddien geschafft. Wei dat ofgelaf ass a wat dobäi erauskomm ass, gitt dir dann am NEIES 02/26 gewuer...

Mental Health

Corner

Mental Health

Corner



DAS NATIONALE ZENTRUM FÜR OPFER VON GEWALT

Le Centre National pour Victimes de Violences

DE

Das Nationale Zentrum für Opfer von Gewalt (CNVV) bietet einen opferzentrierten und professionellen Empfang und eine ambulante Notfallbetreuung für minderjährige und volljährige Opfer von Gewalt (körperlich, sexuell, psychisch ...).

Unser multidisziplinäres Team bietet eine opferorientierte Hilfe und eine umfassende Betreuung in vier Bereichen in enger Zusammenarbeit mit anderen operationellen Partnern:

- psychosoziale Unterstützung
- medizinische Unterstützung
- polizeiliche Intervention, sowie die Möglichkeit Anzeige zu erstatten
- rechtliche Informationen

Ab Mitte 2026 ist das "Centre National pour Victimes de Violences" durchgehend **24 Stunden am Tag, 7 Tage die Woche geöffnet**.

Adresse: 3a, Val Ste Croix, L-1371 Luxemburg,
E-Mail: info.cnvv@croix-rouge.lu
Tel.: 27 55 53 15

Verschiedene Arten von Gewalt

- Häusliche Gewalt, die zwei Arten von Gewalt umfasst:
 - Gewalt in der Ehe
 - Gewalt in der Familie
- Physische Gewalt
- Psychische Gewalt
- Sexuelle Gewalt, einschließlich Vergewaltigung
- Weibliche Genitalverstümmelung
- Zwangsheirat und Zwangspartnerschaft
- Zwangsabtreibung und Zwangssterilisierung
- Mobbing und sexuelle Belästigung
- Ehrenverbrechen
- Menschenhandel
- Neue Formen von Gewalt



Centre National
pour Victimes
de Violences

FR

Le Centre National pour Victimes de Violences (CNVV) offre un accueil bienveillant et une prise en charge ambulatoire d'urgence à toute victime, majeure ou mineure, de toutes formes de violences (physiques, sexuelles, psychiques,...).

Notre équipe pluridisciplinaire offre une écoute, une aide et une possibilité de prise en charge globale en coopération avec d'autres partenaires sur base de 4 piliers :

- soutien psychosocial
- assistance médicale
- intervention policière et dépôt de plainte
- information juridique

Vers la mi-2026, le Centre National pour Victimes de Violences sera ouvert en continu, **24 heures sur 24, 7 jours sur 7**.

Adresse : 3a, Val Ste Croix, L-1371 Luxemburg,
e-mail: info.cnvv@croix-rouge.lu
Tél.: 27 55 53 15

Différents types de violences

- Violence domestique qui couvre deux types de violence:
 - la violence conjugale, relationnelle ou amoureuse
 - la violence familiale.
- Violence physique
- Violence psychologique
- Violence sexuelle, y compris le viol
- Mutilation génitale féminine
- Mariage et partenariat forcés
- Avortement et stérilisation forcés
- Harcèlement moral et harcèlement sexuel
- Crime d'honneur
- La traite des êtres humains
- Nouvelles formes de violence



Mehr Informationen auf www.violence.lu →
Plus d'informations sur www.violence.lu →

☎ Helpline: 2060 1060
Polizei/ Police: Tel.: 113

HÄUSLECH GEWALT
ASS KENG PRIVATSAACH

{ ET GËTT HËLLEF! }

violence.lu

VICTIMS OF DOMESTIC VIOLENCE
ARE NOT ALONE

{ THERE IS HELP! }

violence.lu



Douzelage

Douzelage

Zur Geburtstagsfeier nach MALTA



*Zu den weiteren
Attraktionen
gehört der 1657
erbaute Mamo
Tower.*

Die ehemalige befestigte Residenz einer wohlhabenden Familie hat den Grundriss eines Andreaskreuzes.

Kulturinteressierte können zahlreiche Kirchen und Kapellen besuchen, darunter die St. Anne's Pfarrkirche, die 1953 im neoklassizistischen Baustil errichtet wurde, sowie die Kapellen St. Anthony of Padua und Our Lady of the Rosary, aus dem 17. und 19. Jahrhundert. Lohnenswert ist auch ein Besuch der Briconet und der Zonqor Festungsanlagen aus dem 18. und 19. Jahrhundert.

Schließlich lädt Marsaskala zu Ausflügen in die Umgebung ein, darunter zur St. Thomas Bucht: Die Bucht südlich von Marsaskala ist aufgrund geringer Tiefe und dank eines kleinen Sandstrandabschnittes ein beliebtes Ziel von Badegästen. Der Muxar Pfad führt an malerischen Kalksteinklippen entlang.

Weiter im Süden lädt der Xrobb I-Għagin Naturpark mit Überresten eines megalithischen Tempels, felsigem Strand und Blick auf weiße Kreidefelsen zum Wandern ein. Schließlich garantiert der St. Peter's Pool, ein natürliches Becken mit klarem türkisgrünem Wasser in einer malerischen hufeisenförmigen Felsformation, Badespaß für Jung und Alt.

DE

Im Rahmen unserer Rundreise durch die europäischen Douzelage Partnerstädte geht es aus aktuellem Anlass ins südliche Mittelmeer, und zwar nach Marsaskala, auf der sonnigen Insel Malta.

Wie bereits in der letzten Ausgabe von NEIES erwähnt, wird Marsaskala vom 3. – 6. September 2026 die Douzelage Generalversammlung ausrichten, pünktlich zum 50-jährigen Jubiläum unserer europäischen Städteverbindung.

MEDITERRANES FLAIR

Marsaskala befindet sich im Südosten der Hauptinsel von Malta und ist aufgrund seiner Lage an der Mittelmeerküste sowohl bei Einheimischen als auch bei Touristen beliebt. Der Ort befindet sich etwa zehn Kilometer südlich von Valletta, der Hauptstadt von

Malta, und besticht durch seine idyllische Bucht und eine entspannte Atmosphäre.

Mit einer Bevölkerung von rund 13 000 Einwohnern war Marsaskala bereits in römischer Zeit besiedelt, wurde aber im Mittelalter häufig das Ziel von Pirateneinfällen. Als im Jahre 1614 eine türkische Flotte mit 60 Schiffen angelandet war und von den Rittern des Johanniterordens nur mit Mühe zurückgeschlagen werden konnte, wurde die Festung St. Thomas Tower zum Schutz der Stadt erbaut. Das heutige Wahrzeichen der Stadt wurde bis in den Zweiten Weltkrieg auch als Gefängnis genutzt.

Im Laufe der Zeit hat sich die Gemeinde vom einstigen Fischerdorf zu einem lebendigen Zentrum für Tourismus und Handel entwickelt, dessen Einwohnerzahl sich in den Sommermonaten nahezu verdoppelt. In den zahlreichen

Buchten und Strandabschnitten kann gebadet und getaucht werden.

Der Name Marsaskala geht auf das Arabische „Marsa“ (Hafen) und das Italienische „Scala“ (Sizilianer) zurück. Es wird vermutet, dass sizilianische Fischer in der Bucht Schutz vor der rauen See suchten.

ZAHLEICHE SEHENS- WÜRDIGKEITEN

Neben der Küste, die zum Schwimmen, Tauchen und Bootsfahren einlädt, gilt die Bucht Marsaskala Creek mit den ankernden Luzzu-Fischerbooten und ihrer Uferpromenade als Hauptattraktion der Gemeinde. Von der Uferpromenade sind die Salt Pans sichtbar, in denen durch Verdunstung von Meerwasser Salz gewonnen wird. Die Bucht ist von kleinen Restaurants umgeben, in denen Besucher die mediterrane Küche genießen können.

EN

As part of our tour of the European Douzelage partner towns, a special occasion is taking us to the southern Mediterranean—specifically to Marsaskala on the sunny island of Malta.

As mentioned in the previous issue of NEIES, Marsaskala will host the Douzelage General Assembly from 3 to 6 September 2026, marking the 50th anniversary of our European town partnership.

MEDITERRANEAN FLAIR

Marsaskala is located in the southeast of Malta's main island and, thanks to its position on the Mediterranean coast, is popular with

both locals and tourists. The town lies about ten kilometres south of Valletta, Malta's capital, and charms visitors with its idyllic bay and relaxed atmosphere.

With a population of around 13,000, Marsaskala was already settled in Roman times but was frequently targeted by pirate raids during the Middle Ages. When a Turkish fleet of 60 ships landed in 1614 and was repelled only with great difficulty by the Knights of the Order of St. John, St. Thomas Tower was built to protect the town. Today's landmark was also used as a prison until World War II.

Over time, the community developed from a former fishing village into a vibrant centre of tourism

and commerce, with the population almost doubling during the summer months. The many bays and stretches of coastline invite visitors to swim and dive.

The name Marsaskala derives from the Arabic word "Marsa" (harbour) and the Italian "Scala" (Sicilians). It is believed that Sicilian fishermen once sought shelter from rough seas in the bay.

NUMEROUS ATTRACTIONS

In addition to the coastline, which is ideal for swimming, diving, and boating, the bay of Marsaskala Creek—with its anchored luzzu fishing boats and seaside promenade—is considered the town's main attraction.

From the promenade, visitors can see the salt pans, where salt is produced through the evaporation of seawater. The bay is surrounded by small restaurants where guests can enjoy Mediterranean cuisine.

Another attraction is Mamo Tower, built in 1657.

This former fortified residence of a wealthy family has the ground plan of a St. Andrew's cross.

Culture enthusiasts can visit numerous churches and chapels, including St. Anne's Parish Church, built in 1953 in a neoclassical style, as well as the chapels of St. Anthony of Padua and Our Lady of the Rosary, dating from the 17th and 19th centuries. A visit to the Briconet and Zonqor fortifications from the 18th and 19th centuries is also worthwhile.

Finally, Marsaskala invites visitors to explore the surrounding area, including St. Thomas Bay. Located south of Marsaskala, the bay is popular with swimmers due to its shallow waters and small sandy beach. The Munxar Path runs along picturesque limestone cliffs.

Further south, the Xrobb I-Għagin Nature Park, with the remains of a megalithic temple, a rocky beach, and views of white chalk cliffs, is ideal for hiking. Lastly, St. Peter's Pool—a natural basin with clear turquoise water set in a picturesque horseshoe-shaped rock formation—offers swimming fun for young and old alike.



MARSASKALA IN FAKTEN MARSASKALA IN FACTS

Land | Country
Malta | Malta

Einwohnerzahl | Population
16.804 (Stand | as of 2021)

**Douzelage Mitglied seit |
Douzelage member since**
2009

Sehenswürdigkeiten | Sights
→ St. Thomas Tower;
St. Thomas Bay;
Zonqor Point



Werde auch du Mitglied des Douzelage Teams – schreib uns:
Become a member of the Douzelage Team – contact us:

→ communication@niederanven.lu

Associations

FLASHBACK TO THE 80'S

De Popchouer Concordia-The Voices huet op hire Showconcert invitéiert

LU

Wat hu Bandzalot an der Musekskassett, e Walkman, Teleshopping, Astro-TV an Hei Elei, Kuck Elei gemeinsam? Richtig! Dat war den Alldag an den 80'er Joren, déi wéi keng aner Zäit d'Musekszeen intensiv gepräagt huet. A wat huet d'Concordia-The Voices domat ze dinn? Richtig! Hire Programm fir de Showconcert war dëst Joer exklusiv ënnert dem Motto 'Musek aus den 80'er Joren' gestallt. An engem fulminante Flashback to the 80's sinn d'Zuschauer zeréck an d'Zäit vum Elton John, A-HA, Survivor, Tina Turner, Queen & Co katapultéiert ginn, an dat mat Läif a Séil! Scho beim éischte Lidd 'Livin on a Prayer' vum Bon Jovi konnt een d'Begeeschterung spieren. Während dem ganze Programm vum Owend konnt de Publikum matsange wat si aus hirer Jugend kannt hunn. Vill schéin Erënnerungen aus der Zäit sinn opkomm, an esou munchereen hat et net méi um Stull gehalen.

D'Dirigentin Sarah Wolter hat och dëst Joer de Chouer optimal virbereet fir den 80'er Feeling riwwer ze bréngen. 25 Lidder stoungen um Programm, zesummegestallt aus de Virschléi vun de Chouermembren. Et gouf kéng Aarbecht gescheit fir d'Partituren ze beschafen oder selwer ze arrangéieren, a fir passend Choreographien anzestudéieren. Bal e Joer ass geübt a geprouft ginn, an e



Prouf-Weekend mam bekannte Gesangs-Coach David Blum gouf organiséiert, fir dann den 29. November hiert Bescht viru grousssem Publikum ze ginn, a fir mam Groove vu deemools e Freedefeier vu Lidder ze präsentéieren. De Programm konnt sech weise looszen! Musekalesch begleet waren se och dëst Joer nees vum Jörg Vock a Band, mat där Concordia-The Voices elo schonn zënter Jore mat vill Succès zesummen optrëtt.

D'Bünebild huet natierlech zu den 80'er misste passen, a gouf mat vill Léift zum Detail a minutiéiser Aarbecht gebastelt a gebaut. Als Highlight konnt een e risegrousse Fernseh-Schierm gesinn, an dem eenzel Chouer-Membren kuerz Sketcher gespillt hunn, oder wou typesch a witzeg Reklammen aus den 80er Joren projezéiert goufen. D'Präsidentin vun der Chorale, d'Yvette Liebaert, gouf da souguer nach an den 'Hei-Elei' zeréck versat, wou si hire Merci-Speech gehalen huet.



Fotograf: Ian Sanderson a Peter Kaps



Vu Pop bis Rock war fir all Goût eppes dobäi: 'Celebration', 'September', 'Footloose', 'Simply the Best' oder 'Take on me', 'I'm still standing' a ganz vill méi. Bei 'It's raining men' ass de Publikum dréche bliwwen well jo d'Weather Girls hir Prabbelen opgespaant hatten. Fir deen dee méi op Ballade stoung waren 'Sweet Dreams', 'All Night long', 'Time after Time' um Programm. Weiderhin international Hits wéi 'Skandal im Sperrbezirk' (d'Rosie war och präsent!), an 'On va s'aimer' vum Gilbert Montagné. Vill Spass hat d'Ladiessektion mat (nomen est omen) 'Girls just wanna have fun', während d'Männersektion sech net emgedréit huet wéi se den 'Kommissar' vum Falco interpretéiert hunn.

Als besonneschen Highlight hu vill Zuschauer den ausser Programm A-capella gesungene 'Song of Desperation' empfongen, e Lidd dat nodenklech op den Ecocide soll opmierksam maachen.

Den nächste Showconcert ass och scho geplangt. Well de Loisi ab Ufank 2026 net méi disponibel wäert sinn, heescht et den 21. November 2026 dann an de Syrkus op Roodt-Syre ze fueren, fir en weidere eemolege Concert vu Concordia-The Voices kënne matzeerliewen. Verhalt lech awer nach virdrun den 26. Abrëll 2026, wou den traditionelle musekaleschen Brunch a Schommesch stattfënnt. Save the dates!

E kléngen Opruff zum Schluss: de Chouer sicht nach Männer fir ze singen! Aktuell setzt en sech aus Membere vun allen Altersgruppe vu 29 bis 70, an aus 5 Nationalitéiten zesummen, a prouft eemol an der Woch am Proufsall ze Senneng. Wann Dir lech ugesprach fillt, zéckt net a meldt lech bei engem vun de Comitésmembere!

Uli Fielitz – Concordia-The Voices



DEN FC US HUESCHTERT gëtt Organisatioune Visibilitéit

LU

A Präsenz vun deenen 2 gemengnëtzegen Organisatiounen Ile aux Clowns a Fondation Lëtzebuerger Kannerduerf, huet den FC US Hueschttert den 30. Oktober senger Poussins-Ekipp hir nei Spilluniform präsentéiert.

E grouse Merci un d'Lara Heinz, engem vun eise Poussins-Spiller séng Mamm, déi eis des nei Uniform gesponsert huet!

Well d'Lara selwer keng Reklamm wëll an därfa maachen, ass d'Iddi opkomm fir eppes fir e gudden Zweck ze maachen andeems mer 2 Organisatiounen, déi sech fir d'Wuel vun de Kanner asetzen, ze ënnerstëtzen andeems mer hinne Visibilitéit ginn.

D'Commission des Jeunes vum Hueschterter Footballclub engagéiert sech fir gutt Jugendaarbecht an eise Club ass méttlerweil iwwert d'Landesgrenzen eraus heifir bekannt a gëtt dofir felicitéiert.

Ee Beispill heifir ass, datt des Saison aleng 6 vun eise Juniorsspiller mat der 1. Ekipp mattrainéieren a méttlerweil esouguer an der BGL League zum Asaz kommen. Ausserdeem ginn all Saison vill vun eise Jugendspiller, aus deenen diversen Alterskategorien, an d'Jugendnationalkaderen vun der FLF beruff.

Et ass eis, als Club, wichteg, fir mat dësem Geste och deene Kanner ze hëllefen déi an hirem jonke Liewe bis elo net esou vill Chance haten, sief datt andeems se vun der Fondation Lëtzebuerger Kannerduerf betreit ginn oder awer well se schwéier gesondheetlech Problemer hunn a wou Ile aux Clowns probéiert hinnen e Laachen zréckzeginn.

D'Präsentatioun gouf ofgeschloss andeems d'Lara an d'Verrieder vun desen 2 Organisatiounen, d'Madame Philipp respektiv den Här Jhari, ee vun dese flotten Trikoten als Cadeau iwwerreicht kritt hunn.



Déi Leit, déi des Aktioun wëllen ënnerstëtzen, kënnen dat machen andeems si en Don un des Organisatiounen op folgende Bankkont machen:

Titulaire: Fondation Letzeburger Kannerduerf

IBAN: LU03 0019 1000 2255 9000

BIC: BCEELULL

Titulaire: Île aux clowns A.S.B.L.

IBAN: LU36 0019 4155 3263 5000

BIC: BCEELULL



FC US HOSTERT

Journée des Anciens



LU

De Comité d'organisation vum 80. Gebuertsdag organiséiert de **Samsdeg, 9. Mee 2026** „A Schommesch“ en Treffen vun eemolege Spiller / Traineren a Comitésmemberen.

Mir invitéiere all Spiller den an de lëschten 80 Joer am Seniorsbereich zu Hueschtert am Asaz war sech beim Comité d'organisatioun ze mëllen:

Emailsadress: jph0310@pt.lu

Handy: 661 348 163



TREFFE VUN EHEMALEGE SPILLER, TRAINEREN
A COMITÉSMEMBEREN

→ Samsdeg, 9. Mee 2026

HIERSCHTFEST

vum US Hueschtert

LU

Am Numm vum US Hueschtert een härezeleche Merci fir Är Präsenz um Hierschtfest. Et huet eis gefreet lech dobäi ze hunn, an Dir hutt dozou bäigedroen, datt d'Fest erëm e schéinen Erfolleg ginn ass. Villmools Merci! Mir gesinn eis um Terrain.





LE FC US HOSTERT

huit décennies d'histoire, de passion et d'ancrage local

FR

Le Football Club Union Sportive HOSTERT fête en 2026 son 80e anniversaire.

UNE HISTOIRE EN PLEINE PROGRESSION

Habitué des divisions inférieures pendant soixante ans, le club a pris une nouvelle dimension remarquée ces vingt dernières années, suite aussi à la création d'installations modernes (tribunes avec vestiaires et buvette en 2004) ainsi qu'un deuxième terrain en synthétique. Passé en Promotion d'Honneur en 2004, le FC US HOSTERT a accédé en 2011 pour la première fois au plus haut échelon, la BGL-LIGUE, à laquelle il participe cette saison pour la 10e fois. Le plus grand succès fut une place de finaliste de la Coupe de Luxembourg en 2018.

INVESTIR DANS L'AVENIR EST INVESTIR DANS NOS JEUNES

Mais le FC US Hostert est bien plus qu'un club de football : c'est la plus grande association sportive de la commune de Niederanven, avec une communauté de plus de 500 membres, joueurs, entraîneurs, bénévoles et partenaires qui créent une ambiance familiale et accueillante pendant toute l'année.

Au total 250 jeunes de 6 à 19 ans, répartis sur 13 équipes, sont encadrés quotidiennement par 16 entraîneurs et une commission des jeunes extrêmement dévouée. Le travail des jeunes du club est reconnu dans tout le pays. L'école de foot attire chaque année de nombreux talents et forme régulièrement des joueurs qui accèdent au niveau senior.

Cette mission dépasse le seul terrain et le club s'attache tout particulièrement à favoriser l'intégration de jeunes issus de cultures et milieux différents et à transmettre les valeurs de respect, discipline et esprit d'équipe.

OBJECTIF: OFFRIR UN CADRE OPTIMAL POUR LE SPORT DE HAUT NIVEAU ET LE DÉVELOPPEMENT DES JEUNES

Maintenir l'équipe fanion au plus haut échelon et proposer une école de foot performante en s'appuyant sur des infrastructures modernes et inclusives, sont les deux grandes lignes de conduite. Des finances saines sont la base de la continuité et durabilité du club.

Pour son 80e anniversaire, le club entre dans une nouvelle ère et pourra s'appuyer sur le soutien de la commune de Niederanven: des infrastructures modernisées, une tribune rénovée, un accueil et cadre optimal pour joueurs, spectateurs, partenaires et médias ainsi qu'une nouvelle pelouse synthétique devront être inaugurées automne 2026.

Le FC US HOSTERT est prêt pour prendre son nouvel envol, pour les huit prochaines décennies...



vu vir rechts no hanne lénks:

Alves Roussado Sandra, Rupp Mich, Hoffmann Jean-Paul, van der Zande Conny, Konsbruck Marc, Schons Steve, Schmit Luc, Schon Gast, Wolter Jacques, Cungs Metty, Brimaire Roland

CHÈQUEIWWERREESCHUNG

vun der Asbl d'Liewen ass kee Kichelchen

LU

lwwerreechung vun engem Chèque vun 2.500 € vun der Asbl d'Liewen ass kee Kichelchen un d'Amicale Routscheed asbl vum CIPA Gréngewald.

D'Amicale konnt de Matbewunner e Snoezelwoon op Rieder kaafen. Merci fir dee geneeisen Don!



Gaart an Heem Senningerberg

OP BESUCH BEI DER AIR RESCUE

LU

Chèqueiwwerreeschung während der Generalversammlung vum Gaart an Heem Senningerberg un d'Air Rescue. Duer no gong et dunn nach op eng Visitt vun Air Rescue.





Business Spotlight

Business Spotlight

D'NIDDERAANWENER BRADERIE

e Fest fir d'Awunner, d'Veräiner an d'Betriber

LU

Munch ee géng behapten, dass d'Gemeng Nidderaanwen kee klasscheschen Duerfkär huet. Ma trotzdem gëtt et eng Plaz an der Gemeng, déi dëst Gefill vermëttelt: de Komplex „Am Sand“ mat sengem Centre commercial „Les Arcades Niederanven“. Strategesch geleeën un der Route de Trèves, passéiert jiddereen hei laanscht, deen um Wee ass fir an d'Schoul, an d'Syrdall Schwemm, an den CIPA „Gréngewald“ oder och an de Centre polyvalent „Am Sand“.



SAVE THE DATE
Nidderaanwener
BRADERIE
25.04.26
Centre commercial Les Arcades
141 route de Trèves L-6940 Niederanven



„Och wa mir eng lieweg Geschäftswelt queesch duerch d'Gemeng hunn, sinn d'Arcaden awer de kommerziellen Zentrum vun eiser Gemeng. An et ass och e wichtegt Element fir de sozialen Zesummenhalt vun eiser Gemeng. E „Lieu de rencontre“, sief et fir eng Taass Kaffi zesummen ze drénken, oder niewent de Kommissiounen maachen einfach e bëssen ze schnëssen.“

– Jacques Bauer, responsabele Schäfte fir de Commerce, d'Entreprises, den Horeca an den Tourismus an der Gemeng.

Fiert een d'Strooss era fir bei d'Arcaden, erkennt een direkt déi ganz besonnesch an attraktiv Architektur vum Akafszentrum. Am Géigesaz zu klasscheschen, zouene Shopping-Centere goufen d'Arcaden als oppenen Zentrum konzipéiert, bei deem all d'Geschäfte direkt vu bausen zougängelech sinn. Dëst Konzept erméiglecht kuerz Weeër, eng agreabel Akafserfarung an eng harmonesch In-

tegratioun an d'Uertsbild vun der Gemeng.

D'Offer vun den Arcaden zeechent sech duerch hir Villfalt a Qualitéit aus a deckt souwuel den deegleche Besoin, wéi och méi spezifesch Uleiessen of. D'Visiteure fannen hei nieft engem grouse Supermarché fir de Wochenakaf och eng Bäckerei, e Metzler, en Optiker, eng Bijouterie, en Zeitungsgeschäft, e Kanner-

buttek, e LEGO-Fachgeschäft an eng Kannerbicherei. D'Offer gëtt ergänzt duerch eng Botzerei, eng Reesagence, eng Immobilière, eng Versécherungsagence an technesch Dëngschtleeschtinge wéi en Elektriker. E Laboratoire, souwéi e Coiffeur a verschidde Schéinheetsinstitutuer suerge fir d'medizinesch an d'ästhetesch Wuelbefannen.



Schliisslech luedt de lokale chinesesche Restaurant um 1. Stack vun den Arcaden op e puer gemittlech Momenter bei engem gudden lessen an. An nächster Zukunft kënt nach e Blummegeschäft dobäi, wat d'Attraktivitéit vum Site weider verstärkt.

An hei, um Parking vun den Arcaden, lueden eng gutt Partie vun de Betriber de 25. Abrëll 2026 op eng nei Editioun vun der Nidderaanwener Braderie an.

D'Nidderaanwener Braderie ass d'Resultat vun enger Zesummenaarbecht vun der Gemeng mat de lokale Betriber an de Veräiner. Aus der Iddi eraus, eng Manifestatioun op d'Been ze stellen, bei där d'Betriber aus der Gemeng an de Fokus gesat, an de lokalen Handel gefërdert soll ginn, gouf 2023 d'Nidderaanwener Braderie an d'Liewe geruff. Doriwwer eraus setzt sech den aktuelle Schafferot scho vun Ufank un aktiv dofir an, d'Entreprise an der Gemeng ze fërderen an de lokale Commerce ze stäerken. Sou war d'Decisioun fir eng Nidderaanwener Braderie ze organiséiere schnell getraff.

Wéi ass eng Braderie esou wichteg? Fir d'Gemeng ass d'Braderie eng Plaz wou d'Äwunner sech begéine kënnen, e Fest fir d'ganz Famill an eng Méiglechkeet, fir de Wäert vum lokale Commerce an de Virdergrond ze stellen. Fir d'Betriber erméiglech d'Braderie, hir Wueren op engem konkreten Dag am Joer an de Fokus ze stellen a sech mat den anere Commerçanten zesummen ze dinn, fir esou vill ewéi méiglech Leit unzezéien. A fir d'Visiteuren, sief dat aus der Gemeng, mee awer och doriwwer eraus, ass et e flotte Rendez-vous fir d'Butteker an der Gemeng kennenzeléieren, déi eng oder aner Affär ze maachen, a virun Allem, e flotten Dag ze verbréngen.



„Säit déi lokal Betriber, zesumme mat der Gemeng, d'Braderie 2023 an d'Liewe geruff hunn, spieren ech en neien Enthusiasmus bei de Commerçanten. Ech freeë mech op déi 3. Editioun a fir d'Leit wäerten nees e flotten Dag a richtig gutt Affäre waarden!“

– Jacques Bauer, responsabele Schäfte fir de Commerce, d'Entreprise, den Horeca an den Tourismus an der Gemeng.



[Version française de l'article →](#)
[Deutsche Version des Artikels →](#)
[English version of the article →](#)



Ma d'Nidderaanwener Braderie ass awer wäit méi wéi just en Dag fir anzekafen. Vill lokal Veräiner aus der Gemeng sinn och mat hire Stänn op der Braderie vertrueden – eng flott Occasioun fir nei Memberen ze gewinnen, hir Aarbecht virzustellen an de Benevolat ze stäerken. Niewent de flotte

Stänn vun de Commerçanten suergen och si fir Animatioun a Spiller fir Grouss a Kleng - an natierlech och fir lessen a Gedrénks!

Scho moies maachen d'Butteker hir Dieren op a riichte sou lues hir Stänn virun hire Geschäfte op. Wie fréi laanscht-

kënt, fir déi beschten Affären ze maachen, ka sech andeems schonn eng Taas Kaffi oder eng Mëtsch geneemegen. Ma viru Mëttag wäerten lech awer schonn déi lokal Veräiner mat Gedrénks an lesse verwinne. Bis an de spéiden Nomëttag waarden op lech Animatioun, Musek, gutt Stëmmung, kleng Iwwerraschungen an d'Méiglechkeet, d'Villfalt vun den Arcaden nach eng Kéier ganz nei ze erliewen.

Gitt lech Rendez-vous de Samschden, 25. Abrëll 2026 op der Nidderaanwener Braderie!

ACCUEIL · RÉCEPTION

Davide Amorim Canossa 34 11 34-1
Téléfax 34 11 34-47

BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

Fréd Ternes, bourgmestre 34 11 34-1
Josselijn de Vries, échevine
Jacques Bauer, échevin

SECRÉTARIAT

Bob Scholtes, secrétaire communal 34 11 34-1
Laurent Schlammes, secrétaire adjoint 34 11 34-44
Christiane Bour 34 11 34-43
Christophe Junker, Coordinateur sportif 34 11 34-48
Lena Curry-Gries 34 11 34-46
Marilène Lopes 34 11 34-42
Michelle Bingen, Coordinatrice culturelle 34 11 34-40
Roberta Dario 34 11 34-35
Tamara Schuster 34 11 34-45

BUREAU DE LA POPULATION · ÉTAT CIVIL

Sébastien Habets, préposé 34 11 34-25
Kim Scholtes 34 11 34-28
Christine Schroeder 34 11 34-27
Diane Bourg, Archivage 34 11 34-23
Joe Wians, Archivage 34 11 34-26

RECETTE

Ted Schleimer, receveur f.f. 34 11 34-96
Marie-Paule May-Mangen 34 11 34-39
Sarah Volz 34 11 34-93
Téléfax 34 11 34-92

RH & COMMUNICATION

Jean Kox, préposé 34 11 34-94
Laura Gaul 34 11 34-95
Manuela Klensch-Melchior 34 11 34-91
Jil Steyer 34 11 34-97

SERVICE TECHNIQUE

Infrastructures

Marc Haan, préposé 34 11 34-52
Alain Delage 34 11 34-51
Michael Schumacher 34 11 34-33

Bâtiments

Judith Duplang 34 11 34-56
Marc Stammel 34 11 34-57
Michèle Spartz 34 11 34-50

Développement durable

José Carvalho 34 11 34-59
Kevin Becker 34 11 34-62

SERVICE DE PROXIMITÉ

Cindy Lippert 621 74 84 07
Mich Breuer 621 73 63 39

SERVICE URBANISME

Gil Mateus, préposé 34 11 34-58
Cédric Bruch 34 11 34-53
Joe Kieffer 34 11 34-64
Prise de rendez-vous : urbanisme@niederanven.lu
Téléfax 34 11 34-55

SERVICE SPORTS & CULTURE - LOISI

Jo Bredimus, préposé 26 34 70 21
Nouveau hall sportif 26 34 70 20
Ancien hall sportif / Centre de loisirs 26 34 70 23
Permanence (Week-End) 661 341 153
Téléfax 26 34 70 44

SERVICE SCHOMMESCH

Alberto Caffo, préposé 34 11 34-99

SERVICE DES EAUX

Laurent Kettmann, préposé 34 82 06
eaux@niederanven.lu

SERVICE VOIRIE

Marco Back, préposé 34 84 74
voirie@niederanven.lu

SERVICE JARDINAGE

Claudine Theisen, préposée 34 19 07
jardinage@niederanven.lu

ÉCOLE « AM SAND »

Christophe Bertrand 34 84 73-600
Michèle Krier 34 84 73-600
Steve Mangen, concierge 34 84 73-1
David Stronck, concierge 34 84 73-1

MAISON RELAIS

Elisabeth Breger 26 34 00 68-1
Tania Nicolay 26 34 00 68-20
Pol Herber 26 34 00 68-20

SERVICE D'INCENDIE ET DE SAUVETAGE

Centre d'intervention « Am Sand » 49 771-3750
Urgences 112
Téléfax 34 72 21

CENTRE FORESTIER SENNINGERBERG

5, rue Neihaischen, L-2633 Senningerberg
Pit Lacour, 24 756-694 / 621 202 102
préposé forestier

CENTRE DE RECYCLAGE MUNSBACH

Téléfax 34 72 80
34 72 81

CENTRE DE NATATION « SYRDALL SCHWEMM »

3, Routsched, L-6939 Niederanven
Téléphone 34 93 63-1

JUGENDHAUS NIEDERANVEN

Lynn Klein, 26 34 78 / 621 22 33 00
responsable „elisabeth Jeunesse“

OFFICE SOCIAL CENTREST

Téléphone 77 03 45-1

KULTURHAUS NIEDERANVEN

145, route de Trèves
L-6940 Niederanven 26 34 73-1
Téléfax 26 34 73-23

COMMISSARIAT DE POLICE SYRDALL

164, route de Trèves
L-6940 Niederanven 244-781000
police.syrall@police.etat.lu



18, rue d'Ernster · L-6977 Oberanven
B.P. 21 · L-6905 Niederanven



Lundi
Mardi - Jeudi
Vendredi

8h00-11h30 / 13h00-19h00
8h00 - 11h30 / 13h00-16h30
8h00-14h00 (sans interruption)



T. (+352) 34 11 34 - 1
secretariat@niederanven.lu

www.niederanven.lu

HIGHLIGHTS.

FEBRUAR 2026 → ABRÉLL 2026

FÉVRIER 2026 → AVRIL 2026

BIERGERWORKSHOP IWWERT DEN ACCUEIL VUN DEN NEIEN AWUNNER

09.03.

→ Centre polyvalent „A Schommesch“
⌚ 18.30 Auer

BIERGERWORKSHOP IWWERT ENG 30ER-ZON AN DER RUE ANDETHANA

11.03.

→ Centre polyvalent „A Schommesch“
⌚ 18.30 Auer

BIERGERVERSAMMLUNG IWWERT ENG ONA-STRUKTUR

17.03.

→ Centre polyvalent „A Schommesch“
⌚ 19 Auer

OUSCHTERMAART

30.03.

→ Maartplaz, route de Trèves
⌚ 15 Auer



Fir alleguer d'Veranstaltungen,
scannt dëse QR-Code →

Find all the events via
this QR-code →